

Ordre du jour

- 5212 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers
(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- Désignation d'un médiateur
- Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs et M. Carlo Wagner, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.04 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da fänke mer haut u mat der Diskussioun vum Projet de loi 5212 iwwert d'Moderniséierung respektiv de Bau vu verschiddene Spideeler. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Weiler, Di Bartolomeo, Bettendorf, Gibéryen an Huss.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schroell.

1. 5212 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1999 autorisant l'État à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Marco Schroell (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru sechs Méint, genee den 18. Juni, hat ech als Rapporteur vum Projet de loi 5073 anononcéiert, datt et net bei déser éischter Serie Emännerunge vum Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999 géif bleiwen. Effectivement diskutéiere mer haut ee weidere Gesetzesprojet, wou et em deen neie Spidolskomplex um Kierchbiërg, em dat neit Spidol zu Ettelbréck an em de Rehazenter geet.

Ech erënnere drun, datt d'Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999 conformément zum Spidolsgesetz vum August 1998 dem Stat d'Méiglechkeet gëtt, d'Modernisatioun vum eise Spidolsinfrastrukturen zu 80% matzefinanzéieren, déi aner 20% gi bekanntlech haaptsächlech zu Laaschte vun der Union des Caisses de Maladie. Ier ech am Detail op déi dräi Projeten, déi haut zur Debatt stinn, wäert agoen, erlaabt mer vläicht kuerz allgemeng des Emännerungen, oder besser gesot Verbesserunge vum 1999er Finanzéierungsgesetz an hire Kontext ze setzen, quitte datt ech mech hei widderhuele muss.

Dës nei Finanzéierungsgesetzer hu sech als néideg erweisen, nodeems secherausgestallt huet, datt déi deemolege Estimatiounen, et ass em 25 Milliarde Frang, also bal 620 Millioune Euro gaangen, wat déi finanziell Besoine vun deenen eenzelne Spidolsinfrastrukture betrëfft, net un d'Realitéiten ugepasst waren a wesentlech ze niddreg ausgefall waren. Dëst ënner anerem, well déi néideg Devisen a Pläng fir déi insgesamt 15 Projeten net komplett an ouni déi néideg Akribie ausgeschafft waren, well eenzel Equipementer net virgesi waren, mä awer och weinst neie Besoinen a Contrainten.

Här President, nodeems scho fënnef Etablissements vum deene finanziellen Ajustementer konnte profitéieren, et sinn dat de Centre hospitalier mat haaptsächlech der Kannerklinik, d'Häerzfondatioun, d'Eecher Klinik, d'Clinique privée Dr Bohler, an de Centre national de radiothérapie François Baclesse, kommen haut dräi weider Etablissements un d'Rei.

Éischters dat neit Spidol zu Ettelbréck. Hei gëtt deen initiale Montant vu ronn 83,5 Millioune Euro em 13,5 Millioune Euro iwwerschratt. Dat entsprécht engem Plus vu 15%. Déi zousätzlech finanziell Besoinen erkläre sech duerch de Fait, datt zum Beispill der Evolution vum der Technik Rechnung gedroe gouf. Esou gouf dat neit Spidol mat engem modernen a performanten Informatikréseau ausgestattet. Nei Oploe vu Säite vun der Gewerbeinspektioun a vum Envrironnement hu misse respektéiert ginn. Esou huet missen d'Sécherheet verbessert ginn, notament duerch eng Sprinkleranlag an e sou genannte Fluchtwegleitsystem.

D'Ettelbrécker Spidol kritt och eng IRM, déi am viregte Projet net mat ageplangt war. Dozou kënn nach en Hangar fir den Helikopter vun der Air Rescue, alles Equipementer, déi fir eng optimal Prise en charge vun de Patienten néideg sinn. Zu Ettelbréck steet haut ee modernt Spidol mat 275 Better, wou weder dat Funktionellt nach dat Technesch oder dat Ästhetesch ze kuerz kommen.

Zweete Projet ass dat neit Spidol um Kierchbiërg. Hei ass deen initiale Montant fir den Hôpital François-Elisabeth, dee bei 142 Millioune Euro louch, em 16,7 Millioune Euro iwwerschratt ginn. Dat entsprécht engem Surcoût vu ronn 11%. D'Grënn vun deem Dépassement sinn en gros déiselwecht wéi déi vum Ettelbrécker Spidol, nei Exigenzen a punkto Sécherheet, eng Upassung un nei Technologien an un de medezinesche Fortschrétt. Mä konkret gouf hei een zousätzlechen aachten Operatiounssall mat ageplangt, esou wéi eng Vergrëisserung vun den therapeutischen Arichtungen fir d'Jugendpsychiatrie.

Och war 1999 keng IRM virgesinn, eng Technologie, déi awer haut an engem grouse Spidol net méi ewechzedenden ass. Dëst Spidol um Kierchbiërg, mat sengen 373 Betten, funktionéiert zënter deem Summer ouni grouss Ulafschwierkeeten, zur voller Zefriddenheet vun de Patienten, den Dokteren an dem Personal.

Deen drëtten Projet bezitt sech op de Rehazenter. Dëst drëtt a lescht Etablissement, wat vun deem Gesetzesprojet profitéiert, ass de Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation, besser bekannt ënnert dem Numm Rehazenter.

Contrairement zu deenen zwee viregten Etablissements, schwätze mer hei vun enger Infrastruktur, déi nach net gebaut ass, och wann d'Terrassementsaarbechte virun dräi Wochen um Kierchbiërg ugefaangen hunn. Dësen Nomëtteg wäert de Projet de loi 5222, wou et

ëm d'Gestiounsstruktur vun dem zukünftege Rehazenter geet, hei an der Chamber zur Debatt stoen. Haut de Moie befaasse mer eis mam Finanzement vum Contenant, dem Gebai also, dat um Kierchbiërg niewent deem neie Spidol wäert entstoen.

Et handelt sech an deem Fall em en neie Projet par rapport zu deem, deem am 1999er Finanzéierungsgesetz stong. Effektiv war deen initiale Projet zu Diddeleng virgesinn. Dëse sollt mat 40,5 Millioune Euro vum Stat matfinanziert ginn. Dëse Gesetztest schrauft dem Stat seng Participatioun op ronn 60 Millioune Euro erop, also 48% méi wéi viru véier Joer virgesinn. Dëse Surcoût léisst sech ënner anerem duerch eng Differenz um Niveau vum gebaute Volume erklären, woubäi d'Surface praktesch déiselwecht bleift. Och nei Kommodo- an Inkommodo-Contrainté goufe säiten der Gewerbeinspektioun operluecht.

Zousätzlech zu den 72 Better, sinn therapeutesch Appartementer geplangt, dat heescht Wunneinheiten, wou d'Patienten den Alldag an engem Cadre de vie normal ausprobéiere kënnen. Dozou komme bautechnesch geologesch Ursachen, well d'Buedembeschafetheet um Kierchbiërg duerch de Fiels ass net déiselwecht wéi déi zu Diddeleng. Och sinn an deem Projet déi technesch Raccordeementer mat aberechent ginn, grad ewéi den Apurement vun de Fonctionnementskäschten, d'Fräe vun der A.s.b.l. Rehazenter. Ze betounen ass, datt awer den Terrain vum Stat gratis zur Verfügung gestallt gëtt.

Här President, wat d'Kommodo-Inkommodo-Contrainten am Allgemenge betrëfft, schléisst sech d'Gesondheetskommissioun dem Statsrot senger Meinung u wa gesot gëtt, datt an Zukunft d'Sécherheetsnorme missten am Laf vun der Konzeptionsphas zum Bauprojet determinéiert ginn. Domat géif verhënnert ginn, datt a posteriori, wéi dat elo ëmmer de Fall war, gréisser Emännerunge wat de Bau betrëfft missten ënnerholl ginn. An deem Kontext réitériert d'Santéskommissioun hiren Appel un d'Gewerbeinspektioun, fir am Virfeld vun engem Bauprojet ee Catalogue d'exigences festzeleeën.

Och huet d'Santéskommissioun, wéi scho bei der éischter Serie vu Verbesserunge vum 1999er Gesetz, mat Satisfaktioun der Regierung hiren Engagement vis-à-vis vun der Modernisatioun vun eise Spidolsinfrastrukture festgestallt. Effektiv huet sech an deene leschten 20 Joer een net ze verkennbare Retard a punkto Investissement a modern Spidolsinfrastrukturen accumuliert. Dofir misst an Zukunft regelméisseg dofir gesuergt ginn, dass eis Klinicke kënnen eng qualitativ héichwäerteg Prise en charge vun hire Patienten assuréieren, andeems se kënnen mam technologeschen a medezineschen Fortschrétt mathalen.

Här President, zum Schluss wollt ech nach drop hiweisen, dass virun der CPH, der Commission permanente pour le secteur hospitalier, nach eng ganz Rëtsch vu Spidolsprojete leien. Dat sinn d'Zitha-Klinik an der Stad, den Hôpital Princesse Marie-Astrid zu Déifferdeng, de Centre Mère-Enfant vum CHL, d'Klinik St Joseph vu Wolz, d'Klinik Ste Marie zu Esch, d'Häerzfondatioun an der Stad an de Centre de convalescence zu Kolpech. De Finanzement vun deene Projete wäert an Zukunft a weideren Adaptatiounen vum 1999er Finanzéierungsgesetz erëmfefanne sinn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa schonn hei geschwat gëtt vun eppes kennen, da wëll ech virop soen, dass et ëmmer agréabel ass dem Marco Schroell nozelauschteren, wann en e Rapport iwwert d'Santé mécht. Et héiert een an et spiert een, dass e vun Dossiere schwätzt, déi e kennt, an déi him um Häerz leien. Dofir e ganz häerzleche Merci un de Rapporteur.

Et ass selbstverständlech, dass mir dee Projet, deen hien eis elo am Detail explizéiert huet, stëmme wäerten. D'Klinik um Kierchbiërg, Ettelbréck, de Rehazenter, déi brauchen eng Rallonge zu deene Kreditter, déi mir 1999 virgesinn haten, grad esou wéi déi Rallongen, déi mir schonn am Mee oder am Juli dëst Joer gestëmmt hunn. Et wäerten och nach Rallongen nokommen, well nach net alles ass ofgedeckt duerch déi zwee Projeten, déi vun haut an deem, dee mer am Summer gestëmmt hunn, sou dass mer kënnen dovun ausgoen, Här President, dass wa mer fäerdeg sinn, mer awer en fin de compte Milliarden iwwert deem leie wäerten, wat mir 1999 hei ofgestëmmt hunn.

Et muss ee gesinn, dass zwee vun deenen Etablissements, déi nach Geld nogeschoss kréien, de Moment scho funktionéieren: Ettelbréck an de Kierchbiërg. Mir wäerten, wa mer déi Projeten, déi mer eis virgeholl hunn, fäerdeg hunn, endlech hei zu Lëtzebuerg eng Spidolsinfrastruktur hunn, déi wierklech deene Besoinen, déi mir haut feststellen, entgéintkënn.

Mir hunn extrem Retarden opzeschaffen. An deene leschten 20 Joer ass am Spidolswiesen net genuch an net séier genuch eppes geschitt. Dofir war den Drock grouss an d'Urgence do. Ech denke schonn, dass mer an zwee bis dräi Joer, wa mer de Gros vun de Projeten, déi am Finanzéierungsgesetz vun 1999 drastinn, op der Schinn hunn, d'Spidolsinfrastruktur zu Lëtzebuerg wäert esou modern sinn an och de moderne Besoinen entsprechen, dass ee kann zefridde sinn.

Et bleift awer, dass trotzdeem e bëssen e batteren Nogeschmaach ëmmer erëm bei deene Projeten hei ass. Mir hunn 1999 e Finanzéierungsgesetz gestëmmt mat ronn 20 Milliarden. Mir wäerten herno eng Rei Milliarden drop geluecht hunn, an deemtentpriechend stellt sech och d'Fro a mir hu schonn oft driwwer diskutéiert - ech mengen, et wär awer d'Geleeënheet, fir dat nach eng Kéier ze rappeléieren, well een och kann doraus léiere fir d'Zukunft -, ob et dee richtege Wee war, dee mir 1999 beschratt hunn, wéi mir an engem Gesetz 15 Projeten ofgeseent hunn.

Ech ka mech erënnere, deemools an der Koalitioun hate mer och e bëssen e mulmege Gefill derbäi, well vill vun deene Projeten awer eréischt en voie d'élaboration waren, an dass een nach net gesinn huet definitiv, wou et géif higoen. Wann ech d'Diskussiounen kucken, déi mir an deene leschten dräi, véier Joer hei am Parlament a speziell an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire haten, déi vum honorablen Här Krecké presidéiert gëtt, a gesi wéi eng Diskussiounen mer do gefouert hunn iwwert den Artikel 99 vun der Verfassung, gëtt haut e Spezialgesetz fir all eenzelne Projet gefuerdert. Et kann emol net méi esou sinn, dass zwee Projeten an engem Gesetz verabschied ginn.

1999 si mer déi Fro op eng aner Aart a Weis ugaangen. 1999 hu mer 15 Projete fir iwwer 20 Milliar-

den an ee Projet eragetässelt an hunn dat gestëmmt. Dat war alles verfassungsméisseg iwwerhaapt kee Problem. Och do gesäit ee wéi am Laf vun der Zäit kënnen d'Iddië bei deem engen a bei deem aneren evoluéieren, a wéi een d'Saache gesäit deemno ob een an der Majoritéit ass an eng Rei Saache muss maachen, oder ob een an der Oppositioun ass. Woubäi ech awer net wëll kritiséieren, dass mer ganz streng mat dem Artikel 99 vun der Verfassung ëmginn! Mir müssen awer och gesinn, dass mer eis Weeër ophalen, déi gangbar sinn, déi machbar sinn, déi net ze vill schwéierfällég ginn, an ech hunn en fin de compte, wat de Prinzip selwer vun deem Gesetz, wat mir 1999 gestëmmt hunn, dass mer eng Rei Projeten do dragetässelt hunn an net separat Projete gemaach hunn, ganz vill Versteesdemech, ob-schonnns d'Situatioun 1999 eng ganz apaart war.

Ech ka mech erënnere, dass mer mam deemolege Gesondheetsminister, dem Här Wohlfart, e ganze Koup vun Diskussiounen haten, notament well déi Projeten, déi an dat Gesetz erageschriwwen gi sinn, zu engem groussen Deel och Projete waren, déi en tant que tels net fäerdeg waren. An alles dat, wat mer elo müssen noschéissen u finanziellen Enveloppen, ass drop zréckzeféieren, dass mer deemools en toute hâte dee Projet virun de Wahlen iwwert d'Distanz hu musse bréngen.

Här President, ech wëll trotzdeem e puer Remarque maachen, wat dee ganze Kliniksdossier an och de Rehazenter ubelaangt, well ëmmer erëm an nach virun zwee Deeg, an am Kader vun de Budgetsdebatten d'lescht Woch vu Säite vun de Kolleegen, déi an där Zäit d'Responsabilitéit an deem Dossier gedroen hunn, ëmmer erëm zréckkomm gëtt an diskutéiert gëtt iwwert dat, wat dann elo geschitt ass. D'Beispill vum Rehazenter ass geholl ginn, fir ze soen, wat elo alles wär: méi Geld, d'Patiente misste waarden, Verspéidungen an esou weider.

(Interruption)

Här President, den Här Di Bartolomeo ass, wann ech richtig informéiert sinn, kuerz no mir ageschriwwen.

(Interruption)

Ech wäert ganz brav lech no-lauschteren.

M. le Président.- Loosst dach de Riedner schwätzen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Wann ee gesäit, wat mer an Zäit vun e puer Joer hei zu Lëtzebuerg un Infrastrukturen am Beräich vun eise Spideeler musse maachen, och musse finanzéieren, dann ass dat drop zréckzeféieren, well mir extrem Retarden hunn, well laang Zäit hei zu Lëtzebuerg net vill geschitt ass.

Ech brauch do nëmmen op den Exposé des motifs vum Finanzéierungsgesetz vun 1999 zréckzegen, wou dra gesot ginn ass vun dem deemolege Gesondheetsminister: "...en effet, depuis la fin des années 1980 le Ministre de la Santé a été confronté à des projets de modernisation, d'extension et de nouvelles constructions présentés par les différents établissements hospitaliers. Ces demandes invoquaient chacune une certaine urgence, car l'infrastructure hospitalière souffrait de façon notoire de problèmes de vétusté, de non-adaptation aux normes de sécurité, d'hygiène, telles qu'elles avaient évoluées. De surcroît un certain nombre d'hôpitaux étaient en retard par rapport à l'évolution technologique". An et gëtt gesot, dass se inadaptéiert wäeren déi Infrastrukturen. Dat war Enn den 80er Jore schonn, Här President, an et huet du gedauert bis Enn den 90er

Joren, 10 Joer, bis mer e Finanzéierungsgesetz kruten.

An ech hunn emol nogekuckt am État de la Nation vun 1989. Dat ass also déi Period, déi zitëiert ginn ass am Finanzéierungsgesetz vun 1999, wou deemools de Statssekretär Lahure interpelléiert gi war a gefrot gi war, wéi wäit et wär mat dësen a mat deenen Infrastrukturen, wou den Här Lahure da seet: „Ech hunn der Regierung eng Proposition ënnerbreet.“ A wou den deemolege Speaker vun der Opposition, den honorabelen Här Krieps gesot huet: „Eng Proposition! Emmer Propositionen! Dräi Woche virun de Wahlen kommt Dir mat Propositionen heihinner. Et ass fir ze laachen!“

(Interruption)

Well et esou schéin ass.

Dat war 1989. Zéng Joer méi spéit, nees eng Kéier kuerz virun de Wahlen, si mer hei konfrontéiert gi mat engem Projet, deen esou imperfekt war wéi den Avis vum Conseil d'État deemools gesot huet, a mir hunn deen nach alleguerten an Erënnerung, an deen esou imperfekt ass, dass dat wat mir haut maachen, wat mir de Summer gemaach hunn a wat mir d'nächst Joer nach eng Kéier wäerte maachen, ass fir dat alles ze redresséieren. Dat fir nëmmen opzeweisen, dass d'Sozialisten, déi jo a 15 Joer mat eis an der Regierung a villen Domänen extrem gutt Aarbecht gemaach hunn, sech awer an deem engen oder an deem anere Beräich, an notament am Beräich vun der Santé, net onbedéngt mat deem allermeeschte Ruhm bekleckert haten. Dofir wonnert et mech, dass si ëmmer erëm komme mat deene Geschichten an an déi Wonnen do buere ginn. Mir géife grad esou gären déi Vergaangenheet do vergiessen an emol endlech méi an d'Zukunft kucken.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- D'Finanzministere si mat dran. Ech kann aus dem Regierungsrot hei zitëieren...

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Jo, Här Bodry, majo, ech weess dat, natierlech waren d'Finanzministere mat dran. Ech muss awer soen, dass 1989, Enn den 80er Joren, ass den Här Poos duerch d'Land gepilgert an huet iwwerall versprach a gesot, an all Etablissement ass e gaangen, huet déi opgesicht an deene Leit versprach, wat elo alles géif gemaach ginn, wat elo alles géif kommen. Ech stelle just fest, dass et ganz genau zéng Joer gedauert huet, bis e Projet virlooch, an dass dee Projet vu Perfektioun nu wirklech net gestrotzt huet. Ech wollt dat zur Vergaangenheet soen.

Dann, Här President, kommen ech nach eng Kéier zrëck zum Rehazenter. Ech hätt dat net gemaach, mä well ech mer gëschter hei unhéieren hunn, an och en Dëschdeg wéi mir den État de la Nation ofgeschloss hunn, wéi den Här Aselborn vum Rehazenter geschwat huet, wou gesot gëtt, et kënn duersch dës Regierung, duersch den Transfer vum Site vun Diddeleng op de Kierchbiereg zu Verspéidungen, et muss vill Geld weider investéiert ginn, et geet Geld verluer, an d'Patiente mussen waarden.

■ **Une voix.**- Très juste, très juste! Dir waart nach ni esou gutt.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Voilà! Här President, wat d'Verspéidung, wat d'Geld a wat d'Patienten ubelaangt, wëll ech emol kucke wéi et dann do mat deene leschte 15 Joer ass. 1984 huet den Här Berg deen Dossier hei iwwerholl, an nodeems dass geplangt gi war, de Rehazenter zu Hamm auszubauen, huet hien 1986 decidéiert: Hamm, dat gëtt näischt, - 1986, stellt lech dat vir - de Rehazenter kënn op Mondorf. Deemools war Mondorf de Site. An du goufe Pläng gemaach fir e Rehazenter zu Mondorf ze bauen. Ech froe mech,

Här President, wou sinn déi Pläng? A wat hunn déi kascht? A wien huet déi bezuelt? Do stelle sech jo Froe well hei vum Geld geschwat gëtt, wat anscheinend sollt verschwennt gi sinn.

An du geet deeselwechten Här Berg hin, 1993 an der Koalitioun - ech ka mech dat gutt erënneren - an dunn ass gesot ginn: Elo gi mer awer net op Mondorf. Déi Pläng, déi mer hunn, leeë mer an den Türrang, dat wat mer investéiert hunn, dat kucke mer, dass dat bezuelt gëtt. Elo gi mer op Diddeleng. 1993, siwe Joer méi spéit, gëtt decidéiert: vu Mondorf op Diddeleng. An da gëtt gesot: Zu Diddeleng kucke mer, am Kader vun der aler Klinik wäerte mer dat dann do gebéit kréien. 1993 war dat. 1996, dräi Joer méi spéit, gëtt gesot: Jo, dat mat der aler Klinik, dat ass awer och net grad dat Richtegt. Hätte mer net besser an d'Frankelach ze goen? An du gouf d'Frankelach virgeschloen, fir do de Rehazenter ze bauen.

Dat war 1996. An dunn 1999, wéi et dann esou wäit war, kuerz virun de Wahlen, hu mer hei d'Finanzéierungsgesetz gestëmmt, dunn hu mer dann och gesot: De Rehazenter, esou vill, e gewëssene Präis, dee kënn an d'Frankelach.

■ **Une voix.**- Net kuerz virun de Wahlen, Här Weiler.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Du waren, Här President, ronn 15 Joer vergaangen, wou mer vun Hamm op Mondorf geplënnert sinn, vu Mondorf si mer geplënnert op Diddeleng an déi al Klinik a vun der aler Klinik si mer geplënnert op Diddeleng an d'Frankelach, an dunn, wéi mer dat dunn alles an deene 15 Joer getässelt hate mat all deene Pläng an all deene Käschten, a mat all där Attente vun de Patienten, déi jo gewaart hunn, iergendwinni kënnen ze goen, déi 15 Joer si se gereest, vun Hamm op Mondorf, vu Mondorf op Diddeleng, vun där enger op déi aner Plaz. An da kënn een eis haut hei reprochéieren, et hätt elo véier Joer gedauert, bis mer hei alles an d'Rei kritt hätten!

An da soen ech lech, Här President, wa vun de Sozialiste gesot gëtt: Majo 1999, dunn hätte mer jo kënnen do ufänke mat bauen, du war jo alles an der Rei, elo géif alles do...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Weiler, Dir sidd awer déi 15 Joer matgewandert!

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Jo, lauschtert emol, also Här Gibéryen, Dir waart nach ni an enger Regierung, Dir wësst net wéi dat funktionéiert.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président.**- Här Gibéryen, Dir sidd och agedroen, Dir hutt also d'Geleeënheet fir duerno eppes ze soen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Entschëllegt, Här President, mä dat doten huet awer elo misse gesot ginn.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Eng Regierung ass kollektiv responsible fir hiert Handeln, mä an enger Regierung ass et emol virun allem un de Ressortministere fir ze kucken, dass hir Dossiere weiderginn.

Jo kuckt, Här President, all déi Leit, déi nach ni an enger Regierung waren, déi wëssen hei am beschte wéi et do funktionéiert. Also et ass fir ze staunen.

(Interruptions diverses)

Ech kann lech just soen, ech hunn dat doten nëmmen hei gesot an an Erënnerung geruff, well eis vun de Sozialisten hei reprochéiert gëtt, mir hätte véier Joer vill Geld an de Sand gesat, mir hätten d'Patiente waarde gedoen, et koum zu enger onwahrscheinlecher Verspéidung.

Wann et hei zu Verspéidungen an deem doten Dossier kënn, dann ass et zrëckzeféieren op dat wat...

(Interruption)

Well ech soen lech, et ware jo net nëmmen déi 15 Joer vun deenen ech geschwat hunn. Et gëtt hei gemaach wéi wann 1999 de Bau hätt kënnen ufänken. Mä iwwerhaupt net! 1999, wéi den deemolege Gesondheitsminister ofgaangen ass, dunn hate mer emol nach keng Base légale, keng gesetzlech Basis fir dee Rehazenter ze bauen. Am Plan hospitalier stoung nach ëmmer dran, dass de Rehazenter am Kader vun där aler Klinik sollt opgericht ginn. Et waren emol net déi noutwendeg gesetzlech Dispositione geholl ginn. Déi hätte spéiderhi misse geholl ginn.

An da war et esou, dass dee Projet, dee virlooch, nach iwwerhaupt keen definitive Projet war.

(Brouhaha général)

Kuckt emol, Här President, den Här Wohlfart hat och scho Panneauen opstelle gelooss: „Ici sera construit...“, ech weess net méi genee wéi den Text war, en hat Panneauen opstelle gelooss, et géif gebaut ginn, et war awer nach keng Base légale do fir dat ze bauen, wat gesot ginn ass.

(Interruptions diverses)

Dofir, Här President, ech wollt lech soe wann hei vun Zäit verluer, vu Verspéidung a vu Fräen, déi engagéiert gi sinn, geschwat gëtt, da muss een do awer och de ganzen Dossier gesinn. An ech stelle just fest, wann elo véier Joer gebraucht gi si fir dat doten an d'Rei ze kréien, an de Moment lafen d'Aarbechten u fir dee Rehazenter ze bauen, dann ass dat en normalen Délai, a wann ech dat vergläiche mat deem, wat virdru war, iwwer all déi Joren, da wär et besser, mir géifen endlech ophale mat där Diskussioun do vun de Verspéidungen a vun de Käschten, déi hei engagéiert gi sinn.

An dann, Här President, wëll ech zum Schluss nach ee Wuert soen, well jo hei och dee Käschtepunkt net nëmmen e Käschtepunkt ass, dee vum Stat gedroe gëtt, mä et bleift jo och e gewëssenen Deel iwwereg fir d'Krankekeesen, déi deen ze droen hunn. An da si mer nees eng Kéier och do - well dat spillt hei mat dran - beim Defizit vun de Krankekeesen. An do muss ech feststellen, dass mer gesinn, an notament well den Här Di Bartolomeo dat jo ëmmer erëm hei opwiermt, dass mer eng Position hunn, wéi mir deen Defizit solle geléist kréien. Ech géif och gären am Kader vun der ganzer Diskussioun, well déi Saachen hänke jo alleguerten hei zesummen, a well de Kolleeg Di Bartolomeo jo no mir geschwënn op d'Tribün kënn, dass mer dann awer och eng Kéier géife kloer an daitlech héiere wéi d'Sozialiste sech déi Fro dann elo virstellen.

Ech konnt feststellen, dass den Här Krecké an enger Televisiounsemissioun gesot huet, dass dat wat mir en Dëschdeg hei decidéiert hunn, den Transfer vun de Pensionskeesen an d'Krankekeesen, onverantwortlech wär. An ech weess, dass den Här Castegnaro gesot huet, dat wär eng staark Décisioun, déi geholl ginn ass. Op där enger Säit onverantwortlech, op där anerer Säit eng staark Décisioun, an ech hunn de Vote gekuckt, deen d'sozialistesch Fraktioun en Dëschdeg hei ofginn huet iwwert deen Amendement, dee virbruecht gi war, an do huet d'sozialistesch Fraktioun sech enthalen. Also tëschent onverantwortlech an enger staarker Décisioun hu se an der Mëtt d'Enthaltung. Ech muss soen, wéi soll do een erausfannen, wat dann elo...

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et ass do wéi mam Statsrot, mir haten do e bëssen e Malaise par rapport zu där Décisioun.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Jo, e gewëssene Malaise, mä wann Der e Malaise hutt, da muss Der soen, da sidd Der jo net d'accord mat deem wat geschitt.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Neen, de Statsrot huet et d'selwecht gemaach. En huet et och duerchgoe gelooss, mä en huet ganz kloer gesot, wat en dovunner hält: net vill.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Jo, Dir haalt jo dann och net vill dovun, da wäre mer emol frou wa mer emol Alternative kriterien, well mir si jo lernfäeg a mir géifen eis gären...

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et gesäit guer net duerno aus.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- Wann et besser Weeër gëtt fir de Krankekeesendefizit aus der Welt ze schafen, e bessere Wee gëtt wéi deen, dee mir proposéiert hunn an dee mir en Dëschdeg hei gestëmmt hunn, da wäre mer frou, dee gewuer ze ginn. Mir hu bis elo kee Wuert an déi Richtung héieren. Eng vun de wesentleche politeschen an delikat...

(Interruption)

Dach, et gëtt eng Partie Fraktiounen heibannen, mä déi grouss sozialistesch Partei...

(Interruption)

Majo dach, d'sozialistesch Partei ass eng grouss Partei, an déi vill Tradition huet, dat soll een hir net ofspriechen, mä et muss een awer feststellen, dass an enger wichteger, an enger sensibeler, an enger kruzialer politescher Fro, déi mir jo hei am Land am Moment ze tranchéieren hunn, d'sozialistesch Partei a vill Richtunge leeft: den Här Krecké an eng, déi seet, et ass onverantwortlech, den Här Castegnaro, deen den Dossier jo awer gutt kennt an dee weess, wat an deem Beräich leeft, an eng aner, déi seet, et ass eng ganz staark an eng ganz wichteg Décisioun, an d'sozialistesch Fraktioun, déi en fin de compte sech dobäi enthält, erëm an eng aner, wou kee Mënsch weess, wou se hiwëllt.

Ech wär och frou, wa mer niewent all deenen aneren Erklärungen, vun deenen ech iwwerzeegt sinn, dass mer se herno vum Här Di Bartolomeo kréie wäerten, een eis och hei mol eng Kéier am Detail d'sozialistesch Attitud am Betreff vum Krankekeesendefizit erläutere wäert. Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Dir Damen an Dir Hären, dat Gesetz, dat eis haut virläit, gesäit Kreditter vun insgesamt iwwer 100 Milliounen Euro oder iwwer 4 Milliarden aler Frang vir, fir an de Spidolssecteur ze investéieren.

En Deel vun deene Kreditter gëtt gebraucht, fir déi Iwwerschreidungen vun den Devisë beim neien Etelbrécker Spidol a beim neie Kierchbierger Spidol ze begläichen. Wann een de richtige Chiffer hält, net déi e bësse friséiert Chifferen, déi een ëmmer an ëmmer erëm fënnt, da gëtt de gréissten Deel, 3,5 Milliarden aler Frang oder ronn 86 Milliounen Euro, wann et op 100% héichgerechent ass, a wann alleguerten déi Elementer nach hannendrun hänken, déi gebraucht ginn, fir de Projet ze realiséieren, gebraucht, fir endlech mam Bau vum Rehazenter kënnen unzefänken. Bei de 86 Milliounen Euro iwwerhëlt de Stat 80%, d'Krankekeesen déi aner 20%.

Mat dësem Gesetz schaaft d'Regierung - an d'Chamber follegt jo wahrscheinlech dann och - déi gesetzlech Basis, fir de Rehazenter net am Süde vum Land, mä um Kierchbiereg ze bauen. Am 1999er Finanzéierungsgesetz - Dir kënn lech erënneren -, dat op jidde Fall bis haut nach gültig ass, war de Bau vun dem Projet Rehazenter zu Diddeleng virgesinn.

Zur Form, wéi et zu deem Wiessel komm ass, vun dem Süde vum Land an den Zentrum vum Land, vun Dezentraliséierung a Richtung Rezentraliséierung, just e puer Wieder, wéi dat geschitt ass. Et ass wuel en eemolege Virgang, dass eng Regierung dräimol e Standort festgehalen huet, dräimol deeselwechten, an dass e Parlament mat grousser Majoritéit och deen Standort festgehalen huet, Kreditter zur Verfügung gestallt huet an an engem Finanzéierungsgesetz och de Site festgehalen huet.

Dofir wëll ech nach eng Kéier op déi onrichteg Feststellung vum Här Weiler hiweisen, dee gesot huet, et hätt keng gesetzlech Basis dofir ginn. E Plan hospitalier ass eppes, e Gesetz ass eng aner Saach. Hei ass e Finanzéierungsgesetz do gewiescht an an deem Finanzéierungsgesetz war de Site festgehalen. Mir gi jo och elo dat Finanzéierungsgesetz änneren a mir setzen en anere Site an dat Finanzéierungsgesetz, fir dass mer iwwerhaupt d'Moyenen hunn, fir dee Projet kënnen ze realiséieren, e Projet, vun deem jo d'Erdaarbechte schonn ufgaangen hunn, ouni dass awer nach eng gesetzlech Basis do war.

Ech hu kee Problem domat, well mer dat klengt Déierchen net wëlle siche goen a well mer der Meinung sinn, dass et gutt ass, dass dee Projet sou séier realiséiert gëtt. Mä zur Form nach eng Kéier: Et ass an dësem Land en eemolege Virgang, dass eng Regierung, wéi se elo faarflech zesummegeat war - dat interesséiert mech net, well eng Regierung misst jo eigentlech an hiren Décisiounen e permanenten, verlässleche Faktor sinn, an net ofhängeg dovunner sinn, ob se eng Kéier routschwarz oder schwarz-blo, oder vläicht eng aner Faarf huet -, ëmmer d'Décisiounen vun der Faarf ofhänke léisst an dass se vireg Décisiounen dann, wann et e Wiessel gëtt, op d'Kopp geheit. Also et ass een eemolege Virgang, dass eng Regierung ganz kloer Décisiounen geholl huet a se dann op d'Kopp geheit.

An et kann een net soen, dass net kontrovers diskutéiert gi wär. Et ass ganz kontrovers diskutéiert ginn an et loungen deemools bei all Décisioun, déi d'Regierung geholl huet an déi d'Parlament geholl huet, all Fakten ouni Ausnahm am Dësch. Trotzdeem ass déi doten Décisioun gefall mat dem grénge Licht vum Parlament 1999. Dir wësst, wéi et weidergaangen ass. 1999 ass et zu engem Regierungswiessel komm, wat bewierkt huet, dass d'Décisioun vun der viregter Regierung op d'Kopp geheit ginn ass. Wat ëmsou méi erstaunlech ass, wéi d'Regierung jo net komplett gewiesselt huet. Et waren net zwou Parteien, déi aus der Regierung erausgaange sinn, an zwou aner Parteien, déi an d'Regierung erakomm sinn. Dann hätt ee jo nach kënnen en Décisiounswiessel novollzéien, well een dann eng komplett Opposition an d'Majoritéitsverhältnisse erakritt hätt.

Mä hei, erstaunlecherweis, ass déi stärkste Partei an der Regierung dra bliwwen an et ass eng Oppositionspartei erakomm, déi - an dat muss een hei soen - vun Ufank u Problemer mat deem Site hat, dat ëmmer esou gesot huet an och an de Regierungsverhandlungen dorop bestanen huet. Mä erstaunlecherweis ass deen neie Partner, deen och nach de Juniorpartner an der Regierung ass, staark genuch gewiescht, fir deem grouse Partner seng Décisioun an der viregter Regierung op d'Kopp ze geheien.

Och erstaunlech - ech hätt dat ni fir méiglech gehalen -, well déi Leit, déi an der Regierung souzen op der CSV-Säit, déiselwecht waren, déi dräimol eng Décisioun geholl hunn an déi eng Richtung. An da kréien se en anere Partner, an da wiesselen se de Mäntelchen, an da soen se, et war net esou wéi mir dräimol décidéiert hunn, et war net esou wéi mir virun e puer Méint op de Knäppche gedréckt hunn, et war aneschtters. Et war aneschtters. Ech wëll dat emol eng Kéier esou gesot hunn.

Mir hunn eis iwwer laang Zäiten, d'Opposition an den neie Gesondheitsminister, iwwert déi doten Décisiounen gestridden, well hien am Endeffekt d'Responsabilitéit fir déi doten Décisiounen hat. Mä, Här Weiler, - Här President, ech adresséiere mech un den Här Weiler, well den Här Weiler mech ugeschwat huet - et ass dach eng erstaunlech Aart a Weis, wann een als eenzeg Partei 20 Joer an enger Regierung war mat wiesselnde Partner - eng Kéier mat de Sozialisten an elo mat deene Liberalen - an et dann all Kéiers, wann iergend-eppes critiquabel oder à supposer critiquabel ass, et ëmmer deen aneren ass. Et sinn ëmmer déi, déi mat der d'CSV an der Regierung sinn, déi responsabel a schëlleg sinn dofir, ob dat elo déi Blo oder ob et déi Rout sinn. Déi, déi iwwerhaupt näischt domat ze dinn hunn, dat ass d'CSV.

Abee, Här Weiler. Här President, erlaabt mir, dass ech dem Här Weiler soen, eng Partei, déi an der Regierung ni mat eppes ze dinn huet, brauch een net an der Regierung. Déi brauch een net an der Regierung, well se och im Nachhinein sou mécht, wéi wa se näischt domat ze di gehat hätt.

(Interruption)

Ieren ech mech do, oder leien ech an der Logik richtig?

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen et also een eemolege Fait, dass een esou vill...

(Interruption)

Och do kommen ech nach drop zrëck.

Ech fannen et en eemolege Fait, dass een esou e Kopplabunz souwuel um Regierungsplang wéi um parlamentaresche Plang geschloen huet, an dat dréit doudsécher net zu der Gläfwierdegkeet oder zu der Iwwerzeegung, dass et eng Verlässlechkeet an der Politik gëtt, bái.

(Interruption)

Oh, wësst Dir, ech kann lech just zitëieren, wat Dir bei enger vieregter Debatt gesot hutt als mandatéierte Spriecher vun der CSV. Deemools hutt Dir gesot, de Projet Rehazenter ass elo zënter 22 Joer an der Diskussioun, an en ass net realiséiert ginn. Abee, haalt lech un, an deenen 22 Joer war d'CSV 20 Joer an der Regierung. Also hutt Dir lech selwer eng Zensur ausgestallt.

(Interruption)

Oh, ech kommen nach eng Kéier dorop zrëck. Dot lech waarm un, well ech weisen lech no, wien an der leschter Regierung de Bremser war. An ech ka souguer de jëtzege Regierungsprogramm als Zeien huele fir ze bewiesen, wie Bremser an deem doten Dossier war.

Mir kommen de Mëtteg nach eng Kéier op d'Form zrëck, wat de Rehazenter ugeet, mä de Moie just am Résumé dat heiten: Aus reng parteipolitischen Iwwerleegungen, ouni en neit Element, sinn 1999 déi Décisiounen, déi ganz demokratesch geholl gi sinn, ëmgestouss ginn. Mat enger falscher Motivation - an ech ënnersträichen dat -, mat enger komplett falscher Motivation, well deemools huet et geheescht, an ech kann dat zitëieren, an déi, déi elo iwwer Joren deen Dossier hei verfollegen, déi kënne

mech Lige strofen, wa se d'Argumenter dofir fannen.

D'Motivation fir de Projet ze réckele war déi heiten: De Projet brauch net geännert ze ginn, éischt Feststellung. De Projet, zweet Feststellung, gëtt net méi deier, an drëtt Feststellung, et kënnt net zu enger zäitlecher Verzögerung, well mir jo de Projet nom Legoprinzip kënne vum Frankelach op de Kierchbiereg setzen an et dann net zu enger Verzögerung kënnt. Dat kann ee gesinn, wann d'Kanner bauen an e Legoshaischen huelen an et op eng aner Plaz setzen, da gëtt et keng Verzögerung. Dat war awer genoe d'Argumentation, déi mir deemools héieren hunn. Éischstens, zweetens, drëtzens, a wéi sou oft, kann een haut soen, domm gaangen, et war nämlech iwwerhaupt net esou.

Zu der éischter Feststellung, de Projet bräicht net geännert ze ginn, kënne mer haut soen, de Projet ass net nëmme geännert ginn, mä et ass e komplett neie Projet. Zu der zweeter Feststellung, de Projet gëtt net méi deier, elo kann een Explicationen sichen, firwat dass e méi deier ginn ass, mä am Endeffekt huet e bal du simple au double évoluëiert.

Den Här Gesondheitsminister wénkt nee mam Kapp!

Et gëtt ëmmer sou gemaach...

(Interruption)

Här Minister, ech ginn lech d'Geleeënheet, wann den Här President et erlaabt...

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech wollt lech just soen, Här Di Bartolomeo, 50% ass net datselwecht wéi dat Duebelt.

M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Ech wëll just m'ai Raisonement weiderféieren, wann den Här Minister herno wëllt reagéieren, mä ech wëll just dorop agoen, dass ëmmer sou gemaach gëtt, wéi wa keng Chiffere virgeleeën hätten a wéi wann d'Leit e ganz kuerzt Gedächtnis hätten. Abee, fir e bëssen nozehëllef, wëll ech drop hiweisen, dass d'Regierung eng ganz kloer Décisioun geholl hat, dass de Projet zu Diddeleng mat den Antennen - an dat ass nach eng Differenz, op déi mer de Mëtteg nach eng Kéier zrëckkommen -, fir dat dézentraalt Element ze berücksichtegen, net huet dierfe méi wéi 1,8 Milliarde kaschten. Dat war e Regierungsbeschloss, an dee Regierungsbeschloss huet déi Leit, déi de Projet geplangt hunn, bis zu der Zilgerade verfollegt. 1,8 Milliarde kënnt Dir noliesen an deem leschten Regierungsbeschloss, just ier d'Finanzierungsgesetz komm ass.

Da gëtt dann och ëmmer esou gemaach, wéi wann de Projet net räif gewiescht wär. De Projet war als Entreprise générale ausgeschriwwen an deenen, deenen de Projet sollt realiséieren, deenen am Moment nach ëmmer viru Gericht ass mat der Regierung wéinst der Décisioun, deen hat zougeschloe beim Projet bei engem Montant vun 1,7 Milliarden, mat den Antennen dran. An dat kënnt Dir novollzéien, wann Dir d'ganz Diskussiounen noverfollegt, wéi se an der Reha-A.s.b.l. gefouert gi sinn.

An da sot Dir mer, wat fir ee Prozentsaz et ass, wann e Projet vun 1,7 Milliarden évoluëiert op 3,4 Milliarden. Ass dat du simple au double oder sinn dat 50%? Här Minister, wann Dir lech d'Méi maacht, fir déi ganz Virdiskussiounen an de Projet, sou wéi en herno akzeptéiert ginn ass vum Entrepreneur, nozekucken, da wäert Dir gesinn, dass ech op deem dote Punkt richtig leien an dass de Projet net nëmmen huet misse komplett nei gemaach ginn, mä dass en am Endeffekt duebel sou deier ginn ass.

An dann ass gesot ginn, Zäit verléiere mer net, mir brauche just deen een op der anerer Plaz ze

realiséieren. Also, zu der Fro Zäit verléieren ass et richtig, dass mer an der Zwëschenzäit sechs Méint virun deenen nächste Wahle stinn, an ass et richtig, dass zënter der Décisioun fir e Moratoire ze huelen véier an en halleft Joer vergaange sinn. Wa mer fäerdeg sinn - och erëm eng Kéier do zu der falscher Prémisse - kënnt dee Projet genoe 5 Joer méi spéit.

An dann dat lescht Element: Et ass gesot ginn, dass schon aner Projekte bestanen hunn, an dass do och eventuell Etüdsäckchen entstane sinn. Merci! Mä all Kéiers, wann dat geschitt ass, ass dat an der Regierung decidéiert ginn, eng Kéier an enger LSAP/DP-Regierung, wou d'DP deemools dobäi war, an eng Kéier an enger CSV/LSAP-Regierung. Vun der harmonescher Regierung ass dat decidéiert ginn.

Mä des Kéier gëtt awer dem Faass de Buedem ausgeschloen. Well déi Suen, déi iwwert d'Schëller ginn, déi Suen, déi duerch de Standortwiessel zu der Fënster erausgeheet ginn, dat sinn net e puer Grimmelen, dat sinn - Haalt lech un! - 120 Milliarden aler Frang. Dat ass dat, wat et méi kascht huet! Dat ass dat, wat et kascht huet, ier mir emol un de Projet gaange sinn. Dat heescht, dat ass dat, wat alleng d'Décisioun kascht huet, fir vun deem enge Standuert op deen aneren ze goen, ier mir emol un de Projet gaange sinn. Dat sinn déi Suen, déi schon engagéiert waren a Planungsarbechten, an déi Planungsarbechten konnt een einfach zerrappen, well se kee Schoss Pulver méi wäert waren. Dat sinn 120 Milliarden, déi iwwert d'Schëller gaange sinn. Fro d'Leit dobaussen, wat ee mat 120 Milliarden ka maachen, si wëssen et sécher. D'Regierung weess et anscheinend net, dofir geheet se se zu der Fënster eraus.

Da wëll ech nach drop hiweisen, dass d'Regierung heiansdo mat zweeërlee Mooss a Gewicht virgeet. Elo kann ee soen, jo, et si jo verschidde Regierungen. Mä bon, do wëll ech dann awer erëm eng Kéier soen, jo, et sinn aner Regierungen, mä et sinn awer erëm eng Kéier zum Deel déiselwecht Leit dran. Well déi vieregter Regierung, wéi se nach vun Diddeleng geschwat huet, huet gemengt, zu Diddeleng hu mer kee Problem, dass et gemaach gëtt, mä opgepasst, Dir Leit donidden, duerch den Terrain dierf et zu kengem Frang Verdeierung vun deem dote Projet kommen.

Dat heescht, wann iergendeppes an den Terrain hätt missen investéiert ginn, Befestigungsarbechten, oder aner Aarbechten, da wär ganz alleng d'Gemeng Diddeleng dofir responsabel gewiescht. Ech kann de Regierungsbeschloss weisen. D'Regierung huet deemools gesot: Okay, et geet donidden hin, mä mir iwwerhuele keng Käschen, déi mam Terrain zesummenhängen.

An da komme mer op de Kierchbiereg, an da stelle mer op eemol fest - an dat ass nozeliesen an deem Gesetz, iwwert dat mir elo diskutéieren -, dass et do Spezifisitéite gëtt. De Rapporteur huet et gesot, ee vun de Punkten, déi zu de Méikäsche vum Projet gefouert hunn, dat sinn déi Spezifisitéite vun deem Terrain. Mir mussen nämlech an de Fiels eragruenen, an dat gëtt vill méi deier. Abee, jugéiert selwer! Deene Klengen aus dem Süden donidden, deenen aus der Provënz, deene seet een, dir kritt deen Zentrum donidden, mä wann en e bësse méi deier gëtt, da musst dir selwer dofir bezuelen. An da réckele mer en an d'Stad, an da soe mer, oh, mir hu kee Problem méi, a wann et duerch den Terrain méi deier gëtt, dann iwwerhuele

mir déi Käschen. Dat ass net ganz seriö, an dat nennt een op gutt Lëtzebueresch deux poids et deux mesures, an ech wäert de Mëtteg nach eng Kéier dorop zrëckkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et deet, dat muss een éierlech soen, engem net schlecht, wann een après coût ka soen, mir hu Recht behalen. An deem heiten Dossier, jo Dir dierft roueg laachen Här Minister, well ech hunn lech jo gesot, firwat dass Är Regierung responsabel ass, wann Dir nach ëmmer doriwwer kënnt laachen, dass e Projet duebel esou deier gëtt, dass e fënnef Joer méi spéit kënnt, dass en total geännert huet misse ginn, wann Dir nach ëmmer doriwwer musst laachen, a wann Dir nach ëmmer doriwwer kënnt laachen, dass 120 Milliarden iwwert d'Schëller gaange sinn, da kënnt Dir doriwwer laachen, mä ech soe just zu deem dote Punkt, et deet net schlecht, wann ee ka soen, mir haten an där doter Diskussioun, wéi mir se gefouert hunn, wéi mir drop higewisen hunn, dat geet net, dass een ee Projet einfach ka réckelen, dat kann net sinn, dass wann een e Projet réckelt, dass en dann net méi deier gëtt. Dat kann net sinn, dass doduerch keng Verspéidung kënnt. Mir hunn an all deenen dote Punkte Recht behalen.

An, Här Minister, Är eegen Aussoe sinn dokumentéiert iwwer Zeitungsinterviewen, iwwer Fernsehinterviewen. Dir kënnt nokucke wat Der gesot hutt. An d'Kollege vun der Press...

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech äntwerten lech herno dorop, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Ma dat ass de bonne guerre. Ech soen also, mir hu Recht behalen, mä dat hei ass ee vun deene Fäll wou ee sech net kann driwwer freeën, dass ee Recht behalen huet, well d'Prozedur ass eng, déi e ganz, ganz batteren Nogeschaach huet. D'Prozedur ass eng, wou mer eis alleguer hei an dëser Chamber sollen d'Wuert ginn, dass mer dat ni méi esou sollte maachen, well d'Politik gewënnt dodru wa se virausschaubar ass, wa se verlässlech ass a wann een an der Politik net mat engem Cas de force majeure konfrontéiert ass, dass ee sech un dat hält, wat een eng Kéier decidéiert huet, a virun allem un dat, wat a Gesetzesform vum Parlament ofgeseent ginn ass, hält.

Ech ka mer just wënschen, dass mer elo, nodeem mir haut wäerten d'grängt Licht fir d'Adaptation vun de Kreditter ginn, de Projet kënne séier réalisieren, well do si mer eis alleguer eens, mä mir hunn eis net duerno verhalen, dass dee Projet ganz dréngend gebraucht gëtt.

Wann eis Fraktioun haut jo seet zu de Kreditter, déi dem Rehazenter zur Verfügung gestallt gi fir ze bauen, dann heescht dat net, dass mer jo soen zu där Prozedur, déi gebraucht gëtt, mä dass mer jo soen, dass déi Patienten, déi iwwer laang Joren, an do dierf all Regierung, egal wéi se zesummegeat war, sech eng Tranche dovun ofschneiden, an all Partei dierf sech eng Tranche dovun ofschneiden, dass et esou laang gedauert huet, dass wa mer also haut jo zu de Kreditter soen, da soe mer jo zu der Infrastruktur, net awer zu der Form.

Dann zu deenen anere Punkten, déi am Gesetz virgesi sinn. Zousätzlech Kreditter si virgesi fir dat neit Spidol zu Ettelbréck an um Kierchbiereg. Mir sinn domat d'accord, och, Här Minister, wann een iwwer d'Aart a Weis, wéi et zu deene Kredittüwerschreidunge komm ass, duersch kann diskutéieren. Well et ass nämlech zimlech einfach, dass een Devisen erareecht,

dass Devisen duerch den CPH ginn, dass Devisen hiren Nidderschlag an engem Finanzierungs-gesetz fannen, an dass een dann, ausser der Adaptation vun de Präisser, do muss ee kënne driwwer diskutéieren, an der Praxis eng ganz Rei vu Saachen ännert. Et ass fir deen een Zentrum méi wouer wéi fir deen aneren. Mä an deenen zwee Zentre geet et net nëmmen iwwert d'Oplage vun der ITM, hei geet et net nëmmen iwwer aner Präisadaptationen, mä do geet et drëm, dass et um Fong zu Annerunge komm ass, an dass an den Décisionsgremien vun deenen eenzelne Spideeler Décisiounen geholl ginn, wou mir elo hannendru lafen, an déi après coup entériëieren.

An den Här Minister weess, dass dat net deen éischte Fall ass, an ech muss soen, well mir och mat d'Responsabilitéit an engem Spidol droen, dat sech ëmmer un d'Spillregele gehalen huet, dass ee sech e bëssen domm virkënnt, wann een e Musterschüler ass, a wann déi, déi sech u keng Spillregeln halen, après coup nach belount ginn, doduerch dass all hir Décisiounen duerkommen.

Entweder et gëtt an deem dote Secteur Spillregeln, oder et gëtt keng. Wann et Spillregele gëtt, da soll ee sech dorun halen, a wann et keng Spillregele méi gëtt, da soll ee wann ech gelift jidderengem dat soen, och de Musterschüler, fir dass déi och kënne sech erlabe wat se wëllen, an eben de Spidol-secteur no Prestigegedanke plangen, an net méi no Effikassitéit. Mir müssen endlech do Klorheet schaffen.

Et gëtt also, an dat ass de Fazit vun deem éischte Projet, wou de Marco Schroell Rapporteur war, an zu deem zweete Projet, alles méi deier an dem Spidolsektour, vill méi deier gëtt et, seet eis d'Regierung. An da muss ee jo soen, dass d'Regierung eng Evolution op deem dote Gebitt hannerst sech huet. An da kommen ech zu deem wat den Här Weiler virdrun ugeschwat huet. D'CSV souz an där leschter Regierung. An d'CSV war an deem dote Secteur, an ech soen dat ënnert der Kontroll vun all deene Kollegen, déi hei sëtzen, de Bremser an deem doten Dossier, well all Kéiers wann iwwer Suen diskutéiert ginn ass, dann ass vum CSV-Finanzminister gesot ginn, dat dierf net méi kaschte wéi dat do, an déi dote Kreditter dierfen net iwwerschratt ginn.

Nu kann ee soen, dat ass eng virsiichteg Approche. Ech huelen dann déiselwecht Argumentation, déi virdrun den Här Weiler geholl huet. Den Här Weiler huet jo gesot, wien hat de Santésminister, wien hat de Ressortsminister? De Ressortsminister ass responsabel fir déi doten Décisiounen.

Ma wien hat de Finanzminister? Wie souz op de Suen? Dat war doudsécher net d'LSAP, an ech wëll lech just soen, dass déi dote Spuerschwéngerchtersmentaliteit am Spidolsektour sech erëmfonnt huet an der Regierungserklärung. Well an der Regierungserklärung - Lauschtert guft no, Här Weiler! - heescht et ganz kloer „le coût que pourra avoir une reformulation du plan hospitalier ne devra pas dépasser l'enveloppe budgétaire actuellement fixée“. Dat heescht an anere Wieder, déi Regierung, wéi se ugetrueden ass 1999, huet gesot, d'Finanzierungsgesetz vun 1999 ass bindend an dat war den Diks, deen de Gesondheitsminister deemools sollt gesat kréien. En huet domat gesot kritt, du kanns zwar eng Rei vun Annerunge maachen an deem Projet, mä pass op, wann et méi deier gëtt, da kriss de d'Suen net dofir.

Bon, ech si frou, dass op Grond vun deenen Diskussiounen, déi am Santésberäich, déi an der Chamberskommission gefouert gi sinn, an do sinn erëm eng Kéier e puer Kollegen Zeien dobäi gewiescht, dass déi Regierung vun hirer At-

titud ofgaangen ass, vun hirer Spuerschwéngerchersmentalitéit am Santés-wiesen ofgaangen ass a bereet war, nodeem se A gesot hat, fir déi eenzel Projeten ze maachen, och B ze soen, fir dann ze akzeptéieren, dass se méi deier ginn. Dat ass elo emol wat d'Attitud vun der Regierung um Pabeier ugeet.

Mä wa mer eis dann awer d'Méi maache fir ze kucken, wéi konsequent dass d'Regierung dann ass an hirer Approche, an hirer Attitud vis-à-vis vun der Entwécklung vum Coût am Gesondheitswiesen, da gesi mer, dass se sech erëm eng kéier net ganz konsequent ass op deem dote Gebitt, well op där enger Säit décidéiere mer monter Erhéijunge vun den Enveloppen. Wa mer dann awer an de Plan pluriannuel vun der Regierung kucke ginn, da stelle mer fest, dass deene sukzessive Finanzéierungsgesetzer an de Fonds d'investissement fir Spidolsgebaier entweder net oder nëmmen deelweis Rechnung gedroen ass.

An anere Wieder, d'Regierung gëtt iwwer Gesetzer mam Seege vum Parlament méi Geld aus, wéi se bereet ass an d'Fongen ze setzen. Si dréit der Explosioun vun de Käschten am Spidols-wiesen an dem Fong fir d'Spidolsinvestitiounen net Rechnung. An do kann een nëmme soen, entweder d'Regierung hofft op besser Zäiten, wou erëm Plusvaluë komme fir déi dote Fongen ze speisen, oder si mécht dat, wat eis Spriecher beim Budget nogewissen hunn, si fälscht u sech d'Budgetszuelen a probéiert duerch falsch Angaben iwwert d'Ronnen ze kommen. Ech kann lech mat Beispiller dinge, well een dat do jo net einfach esou seet, mä et ass een dofir emol an de Fong fir Spidolsinvestitioune kucke gaangen.

Abee, d'Regierung huet vir ab 2000 bis 2007 de Fong fir Spidolsbaute mat 566,9 Milliounen Euro ze speisen. Dat ass dat, wat virgesinn ass am Pluriannuel. Virun dësem Finanzéierungsgesetz sinn awer schonn Ausgabe vu 602 Milliounen Euro geplangt, dat heescht, ier mer iergendeppes décidéieren, feelee scho 34 Milliounen Euro. Wann een elo awer kuckt, wat d'Regierung un zousätzlechen Engagementer iwwert dat heite Gesetz hält, a wat nach vun zousätzlechen Engagementer an d'Haus steet, an do sinn der eng ganz Rei derbäi wou d'Regierung wahrscheinlech net derlaanscht kënnt, fir se ze acceptéieren, och wa se op där enger oder anerer Plaz nach schneide geet, da komme mer net op e Feelbetrag vu 34 Milliounen Euro bis 2007, mä mir kommen, jee nodeem wéi extrem, wéi rasonnabel mer d'Calculatioune maachen, op e Feelbetrag vun, haalt lech un, 250 bis 300 Milliounen Euro, déi net am Fonds d'investissement hospitalier virgesi sinn a wou d'Regierung eis och kee Wuert gesot huet, wéi se déi dote Sue wëllt opbréngen.

Ech stelle fest, dass d'Regierung wuel eenzel Projeten adaptéiert huet, och nei Projete mat erageholl huet, mä där sinn et der net vill, well 95% vun deene Projete wouriwwer mer haut diskutéiere si Projeten, déi ënnert där viregter Regierung an d'Wee geleet gi sinn an esouguer schonn zum gudden Deel aviséiert oder engagéiert waren. Et feelen also am Investitiounsplang vun der Regierung, wann een do vun engem Investitiounsplang ka schwätzen, bal 15 aler Milliarden oder, wann een e bësse méi virsiichteg ass an dovun ausgeet, dass nach gestrach gëtt bei deenen engen oder anere Projeten, tëschent 10 an 12 Milliarden Euro.

Mir mengen, dass mer géifen dru wannen, Här Minister, wa mer am Spidolssecteur e bësse datselfe gélfe maache wéi an anere Secteuren, dass mer net nëmme Kreditter identifizéieren an engem Investitiounsfong, mä dass mer e regelrechte Plan d'investissement pluriannuel maache fir eis Spideeler, wou och déi eenzel Gebailechkeeten, déi eenzel Prioritéite kloer

identifizéiert sinn, well wann een nämlech an d'Prioritéiten oder an d'Avoire vum Fong vun der Regierung kucke geet, da gesäit een net, wat firwat virgesinn ass. Bei engem Méijoresplang, wéi en op anere Gebitter besteet, hätt een den Avantage, dass ee ganz kloer kënnt gesi wou mer dru sinn.

En anere Problem, deen net ugeschwat ginn ass an der Diskussioun iwwer eise Projet, ass dee vun de Folgekäschte vun deene Gebaier, déi mer décidéiert hunn. An ech weess, dass de Minister wéi en nach Deputéierte war, ee vun deenen Deputéierte war, déi sech vill Suerge gemaach hunn iwwert d'Folgekäschten, déi Neibauten am Spidolssecteur géife generéieren. A mir sinn am Moment an där Situatioun, dass mer wëssen, wat d'Gebailechkeete kaschten, mä awer net wëssen, wat d'Folgekäschte fir d'Krankekeese wäerte sinn. An do gëtt et e puer Beispiller fir lech ze soe wéi déi Käschte wäerten evoluéieren. Ech huelen d'Beispill vum Kierchbierger Spidol. D'Kierchbierger Spidol ass jo d'Nofolgerspidol vun deenen dräi Klinike Sacré Coeur, Ste Elisabeth a St François.

(Interruption)

A St Joseph, okay. Also véier.

Wann een dann elo kuckt, wat an deem leschte Joer vun hirem Bestoen de Käschtepunkt war an et kuckt een, wat de gefrote Käschtepunkt vum Kierchbierger Spidol an deem éischte Joer ass, da stellt ee fest, dass vun deene véier zesummen op dat eent et zu enger Evoluitioun vu plus 50% kënnt. Dat heescht an anere Wieder, wann een d'Beispill vum Kierchbierger Spidol hält an et gesäit een, dass eppes méi wéi 4 Milliarden dran investéiert gi sinn, da stellt ee fest, dass nom Invest de jährléche Käschtepunkt vun engem Spidol bei 50% vum Invest läit. Dat heescht, wann ee véier Milliarden investéiert, da kann een dovunner ausgoen, dass een no bái zwou Milliarden d'Joer Betribskäschten huet, Betribskäschten, déi sech da bei de Krankekeesen erëmfannen.

E weidert Beispill, d'Beispill vum Ettelbrécker Spidol, dat elo just opgaangen ass, an dat fir dat nächst Joer e Budget ugefrot huet, deen 23% wísst vis-à-vis vun deem, wat virdrun de Fall war. Ech wollt dat just évoquéieren, fir dass mer wëssen, wa mer bauen, dass et mat Folgekäschte verbonnen ass.

A fir dass mer eis richtig verstinn, et geet eis net drëm, fir elo ze soen, elo hu mer gebaut an elo muss mer un de Folgekäschte spueren, mä et geet eis drëm fir ze soen, dass wa mer bauen, mer och musse de Folgekäschte Rechnung droen, an net de Kapp an de Sand stiechen an esou maache wéi wann déi Folgekäschten net géifen entstoen, oder eis iwwerrascht weisen, wa mer dann op eemol an zwee Joer bei de Krankekeese gesinn, dass déi Folgekäschten zu enger Explosioun vun de Käschte vun de Krankekeese féieren. Dofir, kommt mir probéieren och op deem dote Gebitt konsequent ze sinn. Wa mer berechtigt Neibaute maachen, wa mer wëssen, dass déi berechtigt Neibaute Käschte generéieren, ma da kommt mer setzen eis zesummen ier mer virun dem Enkpass an de Keese sinn a soen de Leit, de Versécherten, de Patronen an deenen, déi nach betraff sinn, wéi mer dat wëlle finanzéieren. Et ass dach net seriö, dass mer hallef Aarbecht op deem dote Gebitt maachen.

An, Här Minister, et muss ee mer emol explizéieren, firwat mer bei normale Bauten, déi mer hei zu Lëtzebuerg bauen, ob dat Schoule sinn oder aner Gebaier, eng Fiche financière derbäileeën, gezwonge sinn an der Tëschezäit nozeweisen, wat déi Gebaier da vu Folgekäschte bréngen, awer am Spidolssecteur esou maache wéi wann et déi Folgekäschten net géif. Wann een e seriöe Projet ficeleiert, da muss een och kënne bei

der Presentatioun vun deem Projet nowiese wéi déi Folgekäschten evoluéieren. Dat zu deem Punkt. Och do wanne mer drun, wa mer e bësse méi konsequent ginn a wa mer eng zesummenhängend Approche hunn, wou mer wëssen, dass wa mer ee Stee réckelen, et op enger anerer Plaz och zu Konsequenze kënnt.

Vu dass mer jo net méi allze wäit ewech si vun där Period wou ee Bilanen zitt, wollt ech mer nach erlaube ganz kuerz eng Rei vu Froen ze stellen, wou mer am Recht sinn eng Rei vun Äntwerten drop ze kréien, wou d'Regierung...

(Interruption)

Meng Stëmm gëtt e bësse méi schwéier.

...sech virgeholl huet, an dat fanne mer och am Regierungsprogramm erëm, bis 2005 bei der Bettenzuel vu 5,7% op 5% erofzagoen. Dir wësst, Här Minister, dass mir déi doten Approche net gedeelt hunn, dass mer der Meenung waren, dass et eng falsch Diskussioun ass, dass ee vun uewen erof dekretéiert, dass d'Bettenzuel soll erofgoen, mä dass et eng besser Approche wär fir d'medezinesch Versuergung, fir d'Konzeptioun vun de Spideeler esou ze maachen, dass d'Bettenzuel eigentlech eng Suite ass vun deem, wat een u medezinescher Qualitéit schaaft, amplatz ëmgedrëint, dass ee fir d'éischt d'Zilsetzung vun de Better dohëtzelt an da sech eréischt d'Fro stellt, wéi een dohikënt. Mä d'Fro ass wéi mer dann haut do stinn.

Et ass jo interessant, dat war eent vun den Haaptthemen am Zesummenhang mam Spidolsplang, wou d'Regierung sech als Zil gesat huet, bis 2005 op deen dote Prozentsaz erofzagoen. Meng Fro un den Här Minister: Wou sti mer haut? An dann eng Suerg, déi ech dem Här Minister wëll awer apaken, wat eng reell Suerg ass, dat ass déi vun der Entwécklung vum eise CHNP. Do wësst Der, dass geplangt ass bis 2005 vun 318 Better op 237 Better erofzagoen. Dat ass eng Approche, déi ee kann novollzéie wann ee gläichzäiteg déi Infrastrukture schaaft, déi ee brauch fir den „Ofbau“ am CHNP ofzesécheren. Mä wou sinn déi Projeten, déi et solle fäerdeg bréngen fir dat doten ofzefiedere bis 2005?

(Interruption)

Oh, dat do ass eng interessant Approche. Mir sinn hei amgang eng Loi de financement ze maachen, Här Minister. An eng Loi de financement ass do fir de Spideeler déi Mëttelen ze gi fir ze investéieren. An do dierf een, bei enger Loi de financement, iwwert déi Spideeler schwätzen, déi vun der Loi de financement betraff sinn a vun deenen, déi net vun der Loi de financement betraff sinn, dat hu mer an dësem Haus nach ëmmer esou gehandhabt. Ech verstinn lech awer, dass Der léier hätt, wann déi dote Froen net géifen ugeschwat ginn, well et wahrscheinlech net evident ass, dass Der eng Äntwert dorop gitt, well bis 2005 100 Better bal ofzebaue beim CHNP, ouni dass een d'Strukture prett huet, déi d'Relève sollen huelen, dat ass wuel net esou einfach.

Dann zum Plan hospitalier nach, wou d'Spideeler an Hôpitaux régionaux an an Hôpitaux de proximité agedeele gi sinn. Do muss ech soen, wann een dat mat objektiven Ae kuckt, ass dat eng Approche, déi ee ka suivéieren, an ech muss och soen, dass et an der Praxis bis elo véier Musterschüler gëtt, déi dat doten eescht geholl hunn, a wann een haut d'Zeitunge kuckt, da gesäit een, dass de Centre hospitalier an d'EEcher Klinik Musterschüler si well se zesummeschaffen, well se en Integratiounsprojet hunn, well se vum 1. Januar un déi

schwéier Infrastruktur an déi méi llicht Infrastruktur, eng Aufgaben-deelung maachen, wat an deem dote Secteur vill méi Sënn ergëtt wéi rengt Prestigedenken, an do muss ee soen, dat ass déi Approche, déi mir och suivéieren, an Enn Januar wäert en Accord de coopération oder en Accord d'intégration tëschent dem groussen Escher Spidol an dem Diddelenger Spidol ënnerzeechent gi fir den 1. Juli 2004 operationell ze ginn.

Mä an deem doten Zesummenhang gëtt et awer och Spideeler, déi net zu de Musterschüler gehéieren. A mech géif zum Beispill interesséieren, wéi d'Vuë vun der Regierung sinn iwwert deen Hôpital de proximité deen d'Ste-Marie ass, d'Ste-Marie, dat och zu deene Spideeler gehéiert, déi dat e bësse méi labber huele mat deem Rôle, dee se ze spillen hunn. Wéi wär et soss ze erklären, dass op eemol an engem Spidol wéi dem Ste-Marie, ouni dass dat vun der CPH genehmegt wär, e Scanner einfach esou mat lénks ugeschaaft gëtt? Wann dat esou duerchgeet, dann dierf an Zukunft all Spidol sech e Scanner leeschten. Well et jo net esou ass, dass wann d'Regierung keng Autorisatioun gëtt fir e Scanner, dass herno d'Leeschunge vum Scanner net bezuelt ginn. Dat gëtt automatesch da vun de Krankekeesen iwwerholl.

Lescht Fro: Wéi steet et mat der Autorisatioun vun de Servicer? Am Plan hospitalier war ugekënnegt, dass déi eenzel Servicer géifen évaluéiert ginn, dass déi eenzel Servicer missten en neien Agrément kréien. Et war geplangt, wann ech mech richtig erënneren, dass fir zwee Joer e provisoireschen Agrément sollt kommen an dann duerno een dat definitiv géif maachen. Elo gesäit een awer, dass an deene leschte Wochen d'Agrémenter vun alle Servicer, vun deenen engen oder aneren neien, op eemol einfach esou gerutscht sinn, an net fir zwee Joer, mä fir fënnf Joer. Wéi steet et mat der Évaluation vun der Qualitéit vun de Services médicaux? Wéi steet et mat de Profils médicaux? Wéi steet et mat de Profiler vun de Patienten?

Ofschléissend zu där heiter Diskussioun wollt ech soen, dass mer hei haut e Schlusstréch ënnert méi eng peinelch Diskussioun setzen, déi vum Rehazenter, mat deene Konsequenzen, déi mer kennen, dass mer eng Begradeung maache vun enger Rei vu Projeten, déi méi deier gi sinn, mä dass mer d'Geleeënheet net solle verpasse fir eis eens ze ginn, dass mer an der Gesondheitspolitik dru wanne wa mer eng kohärent Approche hunn a wa mer an Zukunft net méi nëmmen isoléiert vun engem Plan hospitalier schwätzen, mä probéieren, vernetzt vun engem Plan Santé ze schwätze wou mer déi verschiddenst Komponente mat erabezéie vun der Preventivmedezin iwwert d'medezinesch Grondversuergung, iwwert d'Spidols-wiesen, iwwert den Extra-hospitalier an iwwert d'Lits de moyen et de long séjour. Wa mer dat fäerdeg bréngen, dann hu mer méi gelescht wéi wa mer elo scheinchenweise hei ëmmer nobesseren. Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

■ **M. Niki Bettendorf (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass den Här Mars Di Bartolomeo esou oft gesot huet, hie wär frou, an dass en och elo frou ass, dass endlech ënnert d'Diskussioun Rehazenter eng kéier e Stréch gezu gëtt. Doriwwer kënne mer eis alleguerten nëmme freeën. Fir d'alleréischt wëll ech dem Rapporteur vun dësem Projet de loi, dem Här Marco Schroell, fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport merci soen, dee grad esou excellent ass wéi deen, deen

hien hei viru sechs Méint virgedroen huet, wat den éischten Deel vum neie Finanzéierungsgesetz ubelaangt.

Mat dëser zweeter Serie Verbesserunge vum 99er Gesetz profitéieren elo insgesamt aacht Établissements vum enger zousätzlecher Finanzsprët, déi och net vu Muttwëll ass. Dobäi kommen dann elo d'Spidol vun Ettelbréck, den neie Spidolskomplex um Kierchbiereg an deem säin neien zukünftigen Noper, de Rehazenter. Erlaabt mer vläicht, dass ech op dëser Plaz kuerz widderhuelen, wat ech schonn am Summer hei gesot hunn: Mir verbessern hei e Gesetz, dat 1999, kuerz virun deene leschte Chamberwahlen, zum Vote stoung. Dat Gesetz vum 21. Juni 1999 war deemools nach net zeedeg, awer nobausse sollt d'Impressioun entstoen, mat de Sozialiste géif mat dësem Gesetz de Retard, dee sech a puncto Investissements a Spidolsinfrastrukture während 15 Joer ugesammelt hat, mat engem Fiederstréch opgeholl ginn. Richtig ass awer, dass siwe vun deenen insgesamt 15 Projete kee Stempel vun der Commission permanente pour le secteur hospitalier haten. Hei ass sech deemools iwwert d'Union des Caisses de Maladie ewechgesat ginn, d'Union des Caisses de Maladie, deen Organ, dee jo do mat um Dësch sëtzt an dee schlussendlech muss 20% vun de Gesamtkäschten droen.

Ech war frou haut ze héieren, wéi de Lucien Weiler vun der CSV gesot huet, dass en och schonn deemools e mulmegt Gefill hat, genau-sou huet hien et ausgedréckt, well ebe just déi Gesetzer, déi Projeten net fäerdeg waren. An dat éiert hie ganz bestëmmt, dass haut Kollege vun der CSV och zouginn, dass deemools do Schwierigkeete waren. Verschiddener heibannen héieren dat haut nach ëmmer net gären, et ass awer nun emol eng Tatsaach. Viru sechs Méint huet den Här Mars Di Bartolomeo an aller Bescheidenheet, esou wéi mer hie kennen, gesot: Et hätt jo kee Wäert fir no hannen ze kucken, et soll een am Spidols-wiesen no vir kucken. Recht huet en. Awer déi successiv sozialistesche Gesondheitsministere haten a 15 Joer leider net no vir gekuckt. Am Juni dëst Joer hunn d'Sozialiste gesot, si géifen op déi zweet Serie vun Amendementen vum 99er Finanzéierungsgesetz waarden. Ech mengen, si hunn net allze laang misse waarden. Haut si mer esou wäit.

Här President, vill Rieds war viru sechs Méint vum Rehazenter, obwuel dee Projet jo net an dem deemolege Projet de loi stoung. Kommescherweis ass d'lescht kéier méi iwwert d'Établissements geschwat ginn, déi nach net an der éischter Serie Adaptatioune vum 99er Finanzéierungsgesetz ënnerbruecht goufen, wéi iwwert déi fënnf, déi dra stoungen. Och geschter huet de Kolleg vun Diddeleng iwwert de Rehazenter geschwat, wou de Laboratoire National de Santé um Programm stoung. Hie weess, wat ee méi oft vun der Wourecht oflenkt, wat dat besser fir hien a seng Partei bleift. Wann een och Onwourechte verbreet, et bleift ëmmer eppes hänken.

Am Summer sinn net allze vill Wieder gefall iwwert d'Kannerklinik, d'Maternité, d'EEcher Klinik oder de Centre Baclesse. „Wéi ass et da mat dem Rehazenter? Wat geschitt a puncto Dépassementer vun dem Ettelbrécker Spidol an esou weider?“, dat ass vun dëser Tribün aus geruff ginn an zu dem Projet selwer ass net geschwat ginn. An dach hätte verschidde Leit besser gehat ze iwwerleeën, firwat déi 99er Enveloppe net duergaangen ass, well se manifestement ënnerschat ginn ass.

Mir kruten haut gesot, do wäre Contrainté gewiescht, dofir wieren déi Enveloppen ze kleng gehale ginn. Ech war net an der deemoleger Regierung. Ech kann dat net hei novollzéien. Mä et kann een net

ongestrooft 20 Joer laang de Leit dobaussen 20 Milliarden Investisementer ëmmer erëm op en Neits versprechen, an dat an dräi verschiddene Wahlcampagnen, ouni d'Enveloppe eng Kéier unzepas-sen.

Ech ginn d'Beispill vun der Kan-nerklinik. An der Kannerklinik war praktesch näischt virgesinn an där grousser Enveloppe, an et ginn 1,5 Milliarde gebraucht. Wie gemengt hat, verschidde Leit hätte sech elo zumindest e bësse berouegt, deem huet sech géiert. De Kolleeg MDB, deem et am Dossier Rehazenter net séier genuch konnt goen an deem hei am Juni bal a Panik gero-den ass...

Une voix.- Fait personnel! Fait personnel!

(Hilarité)

M. Niki Bettendorf (DP).- ...an no de Baggere verlaangert huet...

Ech mengen, Här President, den Här Mars Di Bartolomeo wier mat mir d'accord, wann ech en an Zu-kunft hei MDB nennen, well dee laangen Numm kënnt mer net esou geleeft iwwert d'Lëpsen.

Op alle Fall kann den Här Kolleeg Bartolomeo ganz cool a relax seng Chrëschtvakanz genëssen. D'Baggere buddelen nämlech scho bal ee Mount nieft dem mo-derne Spidolskomplex.

Une voix.- Da sot eis emol, wat fir eng Base légale si hunn!

M. Niki Bettendorf (DP).- Hien huet hei d'éineschter selwer gesot, e wär ganz zefridden, dass dat esou wär. - Déi hu mer ge-schwënn.

Dat neit Steckepäerd vum Kolleeg ass elo en anert. Wann de Reha-zenter op Diddeleng komm wär, da wär en nëmmen hallef esou deier ginn. Dat ass den neie Schlager. Ass awer falsch.

Fakt ass, dass de Projet vun Did-deleng bewosst ënnerschat gouf, esou wéi et och bei all deenen anere Projekte geschitt ass. En hat ëm-mer nëmmen eng Enveloppe an un déi hutt Dir lech gehalen, dann hutt Dir versicht e Projet an déi Enve-loppe eranzedrécken, ob et richtig war oder falsch. Mä richtig ass, dass Dir wëssentlech d'Chifferen einfach alleguerten ënnerschat hutt, an domadder si mer haut be-faasst, dass mer d'Spidolsfinan-zéierungsgesetz regelméisseg hei mussen upassen.

(Interruptions)

Déi ass och derbäi. Dat ass och ee vun den tragende Faktoren, wann d'ITM net vun Ufank un un der Ba-sis vun der Ausschaffung vun de Projeten derbäi ass, dann ass et ganz normal, dass herno, wann en cours de route Ännerunge musse kommen, déi Ännerunge méi deier gi wéi wann et vun Ufank u ge-plangt gi wier.

Op alle Fall, wat geännert huet a wat méi deier gouf duerch den neie Site, dorops kommen ech nach spéider zrëck. Gott sei Dank huet de sozialistesche Gesondheetsmi-nister, den Här Wohlfart, den Did-delenger Projet net ënnerschriv-wen a Gott sei Dank huet déi nei Regierung de Rehazenter zentral an d'Land geluecht, do wou en hi gehéiert bei grouss Kliniken, och wann doduerch Zäit verluer gaan-gen ass.

Une voix.- Duebel esou deier! Dofir sidd Dir responsabel.

M. Niki Bettendorf (DP).- Ech kommen op deem „duebel esou deier“ zrëck.

Véier Joer ass dës Regierung am Amt. Véier Joer duerno sinn d'Bag-gere gerullt. An op dem neie Site ass den zukünftege Rehazenter gutt placéiert. Et ass a mengen Äen net méi wéi richtig, wéi et an der Regierungserklärung 1999 festgehalé gouf, fir de Rehazenter um Kierchbiérg ze plangen an net

an d'Lach zu Diddeleng - mat al-lem Respekt fir Diddeleng -, wou no hirem Buergermeeschter jo elo Wunnengsbau geplangt ass; fir Diddeleng bestëmmt eng ganz gutt Saach.

Fale gelooss ginn ass iwwregens och d'Iddi vun den Antennen zu Lëtzebuerg an zu Ettelbréck, déi am viregte Projet zrëckbehale gi sinn. Awer den Här Mars Di Barto-lomeo huet eis gesot, déi wäeren am Rehazenterprojet Diddeleng mat berechent ginn. Ech wéisst da mol gär vun him, op wat fir eng Plazen déi Antennen hikomm wäeren a wat déi Beträg vun deenen Antenne waren.

Une voix.- 100 Milliounen.

M. Niki Bettendorf (DP).- Ah sou, Dir riicht fir 100 Milliounen Euroen...? Al Frangen?

Une voix.- Al Frangen.

M. Niki Bettendorf (DP).- Dir huet dat net esou genau. Wann Dir déi zwou Antennen, wou ee Re-habilitatioun mécht mat Leit, fir 100 Milliounen al Frang, eng zu Ettel-bréck an eng an der Stad, opricht...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- An de Spideeler.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här Minister, Dir wollt eppes soen.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité so-ciale.- Entschëllegt, wa mer iwwert dee Betrag schwätzen, et ware ganz genau fir d'Antenne virgesinn 102.893.000 al Frangen. Mir wës-sen awer net, wéi een op dee Chif-fer komm ass.

M. Niki Bettendorf (DP).- Et ass genau dat. Dat ass genau dat. Mir wëssen net, wéi se op dee Chif-fer komm sinn. Mat all hire Pläng, déi se eis virgeluecht hunn, waren d'Chifferen ënnerschat. A wann een dann heihinner kënnt an et seet een, et gëtt esou vill méi deier, et ass Är Schold, dass et méi deier gëtt, da wëll een näischt dervu wëssen, dass virdru si et waren déi falsch Chifferen op den Dësch ge-luecht hunn, déi 20 Joer un deene-selwechte Chiffere festgehalten hunn. Dat geet net.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat kënnt Dir ni beweisen, well Dir de Projet gestoppt hutt. Dat do sinn alles Behauptungen, déi kënnt Dir ni beweisen.

M. Niki Bettendorf (DP).- Dir hutt gesot, et wär en ausser-gewéinleche Virgank, dass, wann eng Regierung, déi eng aner Re-gierung ofléist, esou e Projet wéi deem do iwwert d'Kopp gehäit. Ma d'Ursach läit op der Hand. Et ass effektiv en aussergewéinleche Vir-gank, datt esou eppes wéi dat do geschitt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Aha. Très juste! Très juste!

M. Niki Bettendorf (DP).- A well et effektiv en aussergewéin-leche Virgank ass, da beweist dat jo nëmmen eng eenzeg Saach: Dass Äre Projet vun Ufank u ver-daamt war fir net kënne realiséiert ze ginn, well en näischt war, well en esou schlecht war, well en ënnerschat war vun Ärer Säit...

(Interruption et hilarité)

..., soss wär dat doten ni zum Droe komm.

Hei kréie mer elo eng komplett In-frastruktur op engem zentralen a liicht accessiblë Site an deem en plus net isoléiert vun anere Spi-dolsinfrastrukture wäert leien, vu que datt den Hôpital François-Elisabeth direkt niewendru steet. Och de Centre Hospitalier, d'Zitha-Klinik an d'Eecher Klinik sinn no bäi. Heimat ginn deemno Syner-gien tëschent den Établissements méiglech.

Här President, ech hat gesot, ech kéim dorop zrëck, wat de Bau zum Kierchbiérg verdeiert. Wa mer eis all heibannen eens sinn, wat d'Né-cessitéit vun deem Rehazenter be-trëfft, esou ass dat dach eng vun den Haaptkriticken: den héije Kä-schtepunkt. De Rehazenter um Kierchbiérg gëtt effektiv méi deier wéi deem zu Diddeleng, an ech hunn elo schonn eng Rei Ursaa-chen uginn, mä ech hunn nach anerer.

D'Natur vum Terrain ass effektiv eng aner. Nei Oploen hu sech iw-wert d'ITM opgedrängt, mä awer haauptsächlech, well viles an deem viregten, méi bëllege Projet net mat ageplangt oder aberechent ginn ass. Sou ass d'Fläch zwar plus ou moins déiselwecht bliwwen, net awer de Volume. De Rehazenter zu Diddeleng wier méi kleng ginn, net vill, mä e wier méi kleng ginn.

Ech erënnere drun, dass de Centre Baclesse zu Esch huet mis-se vergréissert ginn, well e schonn ze kleng war wéi en ageweit ginn ass, mat den Zousazkäschten, déi sech dee Moment fir den zweeten Neibau praktesch och verduebelt hunn.

Ech muss och hei un de Parking erënnere, deem an Zukunft gebaut gëtt. En zweeten ënnerierdesche Parking, dee vläicht am Abléck net gebraucht gëtt, mä wann de Reha-zenter sech vergréissert, wann en ausgebaut gëtt, dann ass och deem zweete Parking schonn do, well et kann een net an en zweete Sous-sol e Parking baue goen, wann d'Gebai schonn do steet. Dat sinn also Fräen déi entstinn, déi an Zukunft investéiert ginn, déi vläicht net direkt gebraucht ginn, mä déi awer an der Zukunft wichteg sinn, dass se do sinn.

Eng Energiezentral war och net an der Diddelenger Versioun virge-sinn. Grad sou wéineg wéi d'Pho-tovoltaïqueinstallatiounen fir ernei-bar Energien. D'Käschte fir d'Pre-paratioun vum Terrain a fir déi tech-nesch Uschlëss waren och net mataberechent, ganz einfach, well d'Gemeng vun Diddeleng d'Éier gehat hätt, fir déi aus hirer Täsch ze berappen. Déi Diddelenger Ge-meng ass bestëmmt frustréiert, dass se dat mol net brauch ze maachen.

(Interruption)

Si si frustréiert, dass se effektiv déi Käschten elo net brauchen ze be-zuelen.

De Kolleeg huet sech jo op eng aner Plaz gesat, mä ech hunn en awer am Aen op menger rechtser Säit. Ech géif och mengen hie wier vläicht e bësse frustréiert, wann en an der neier Gestioungsgeschicht vum Établissement public, dee mer haut de Mëtteg wäerte stëmmen, dann net méi am Conseil d'Admi-nistration wäert sëtzen.

(Interruption)

Ech weess net, ob e frustréiert ass. Mä dat nëmmen um Rand gesot.

Wéi schonns gesot, kommen zousätzlech Käschten dobäi, well um Kierchbiérg - dat ass richtig - an de Fiels muss gebaut ginn, wat zu Diddeleng net de Fall gewiescht wier. Bedenke muss een och, fir komplett ze sinn - ech hunn et ge-sot an ech soen et och nach eng Kéier -: Zu Diddeleng war de Bue-dem verseucht. Ech hat 1998 eng Question parlementaire gestallt an du krut ech drop geäntwert, dat wier en onwouert Gerücht. Duerno awer ass dat dann, e puer Méint méi spéit, riicht gebéit ginn an et ass gesot ginn, dass effektiv do eng Verseuchung vum Terrain vir-geleeën huet an déi dann awer op eng Aart a Weis sollt aus der Welt geschafe ginn, déi net allze deier ginn ass. Wann een dat vergläicht mat der Sanéierung vun der Gou-drongsfabrik vu Gaasperech, wou all cm² huet missen an Holland ge-

fouert ginn, fir do nei traitéiert ze ginn an erëm ze kommen. Zu Did-deleng huet sech dat ënnert der Hand regléiert an ass net esou deier ginn; mol net en honnertsten Deel esou deier gi wéi soss en-zwousch.

(Interruption)

Här President, ech mengen, wann een alles géif verrechnen, wat an deem Diddelenger Projet vergiess gouf, zum Beispill déi geplangten Antennen am Zentrum an am Nor-den - vun deenen hunn ech ge-schwat -, dann ass déi Differenz vun 19,5 Milliounen Euro laang net méi sou grouss, wéi dat duerge-stallt gëtt. Si ass praktesch sou-guer irrelevant.

Une voix.- Dat ass total fri-séiert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Et muss een och nach eng Kéier no-rechnen a vläicht kann ee mol mat de Kolleege vun den Travaux pu-blics doriwwer diskutéieren, wéi de gebaute m³-Präis zu Diddeleng vir-gesinn ass a wéi en elo um Kierch-biérg virgesinn ass. Dat muss een emol eng Kéier nokucken an déi zwee matenee vergläichen. Et kann een net Appel mat Bire ver-gläichen, a wann ee vu vir eran En-veloppen huet wou ee weess dass se ze kleng sinn, da geet een na-tierlech vu falschen Donnéeën aus.

Genau wéi gëschter beim Labo muss ech och hei verschiddenen LSAP-Deputéierten e bëssen Nohëllefstonne ginn an der Ge-schicht Rehazenter. Ech erënnere drun, datt am Spidolsplang vun 1994 de Rehazenter u sech net als Zenter virgesi war, mä nëmmen a Form vu 60 Rééducationsbetten am Diddelenger Spidol. Ech brauch jo net méi drop hinzewei-sen, dass fënnef Joer drop, also wéi d'Finanzéierungsgesetz vun 1999, dat de Rehazenter am Fran-kelach mentionnéiert, hei ge-stëmmt ginn ass, nach ëmmer keen neie Spidolsplang ausge-schafft war.

Ze begrëssen ass dem Här Mars Di Bartolomeo seng spéit Asiicht a seng Ausso aus dem Juni, wéi e gesot huet, am Fall wou mer d'nächst Joer eng aner Regierung hätten, d'LSAP - déi sech also géif an där Regierung gesinn - net méi Wëlles hätt de Rehazenter erëm op Diddeleng ze kréien. Hie géif deemno net méi op d'Barrikade klammen. Dat géif och nach fee-len!

An et schéngt wéi wann déi sozia-listesch Lokalpolitiker net méi...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir sidd e Witzbold!

M. Niki Bettendorf (DP).- Oh, ech sinn ni schlecht gelaunt. Ech maache léiwer e Witz wéi ier-gendeppes aneschters.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Haut de Mëtten hu mer jo Geleeënheet fir dat do nach eng Kéier ze diskutéieren.

M. Niki Bettendorf (DP).- Jo kloer, ech kommen och haut de Mëtteg nach eng Kéier no lech. Al-so wann Dir zweemol, dräimol, véiermol eppes verdréint, si mir och am Stand zweemol, dräimol, véiermol, fënnemol dat Ganzt erëm eng Kéier riicht ze béien.

Une voix.- Oh Mamm!

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wéi d'Kanner, Här Betten-dorf!

M. Niki Bettendorf (DP).- Natierlech, Dir hutt eng aner Press, wéi mir se hunn, an dofir ass hei déi eenzeg Plaz, wou een d'Wou-recht ka soen, an et ass och gutt dass d'Leit mol d'Chamber-bliedche liesen a gewuer ginn, wat Der alles dorëmmer verbrach hutt, mä wat no baussen net därfer duerchdréngen.

(Interruption)

Et schéngt, wéi wann déi Kollee-gen, d'sozialistesche Lokalpolitiker, net méi géifen, wéi an der Vergaan-genheet, un deem Projet zu Didde-leng hale wéi de Geck um Bengel - an dat wier gutt. Si di besser drun, och an hirer Partei war Diddeleng kontroverséiert, a wann den dee-molege sozialistesche Gesond-heetsminister, den honorabelen Här Wohlfart, deemools selwer vun där Diddelenger Variant iwwer-zeegt gewiescht wier, da géif de Rehazenter elo schonns vläicht do stoen. Gott sei Dank konnten déi sozialistesche Lokalpolitiker sech zu deem Zäitpunkt net duerchsetzen, fir sech hei e perséinlecht Denkmal ze setzen.

Ech si perséinlech frou, dass elo endlech Neel mat Käpp a puncto Rehazenter gemaach ginn, no-deems dëse Projet eng regelrecht Odyssee matgemaach huet, an zwar op stiermescher Séi an haauptsächlech mat orientéierungs-lose Manövere vun LSAP-Kapitä-ner, déi Lokalpolitik a Selbsduer-stellung mat Landespolitik verwies-selt hunn.

Ech kommen net derlaanscht, fir op d'Virgeschicht anzegoen. Et muss ee wëssen, datt de Projet Frankelach net deem éischte war, deem ënnert sozialistescher Féie-rung an d'Wee geleet ginn ass. Ausgaangen ass de Projet vun Hamm. Zënter 1978 huet de Reha-zenter do wäertvoll Déngschter ge-leescht an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère. Den Här Weiler huet eis nach eng Kéier gesot, vun Hamm kouw - ënnert dem Benny Berg, Minister Berg - Mondorf an d'Gespréich. 1991 gouf e Groupe de travail beop-traagt, Pläng fir en nationale Reha-bilitatiounszenter zu Hamm aus-zeschaffen. Eraus kouw e Projet mat engem Käschtepunkt vun 1,5 Milliarden aler Frang, also 37 Mil-liounen Euro.

Kuckt emol, Kolleegeen, wann ech elo dat géif...

Une voix.- Lauschtert elo mol gutt no. Dat do ass ganz interes-sant.

M. Niki Bettendorf (DP).- Wann ech dat elo géif vergläichen, déi 1,5 Milliarden Euro, mat dem Diddelenger Projet...

(Interruptions)

Une voix.- Dat si keng 1,5 Mil-liarden Euro, dat wier relativ vill.

Une autre voix.- Lauschtert emol no!

(Brouhaha général)

M. Niki Bettendorf (DP).- E war awer ze deier.

Une voix.- 1,5 Milliarden Euro hutt Der gesot.

(Interruptions)

M. Niki Bettendorf (DP).- E Käschtepunkt vun 1,5 Milliarden aler Frang.

Une voix.- Ah!

M. Niki Bettendorf (DP).- Dee Luxus war deemools der Re-gierung ze deier an ass dofir an d'Waasser gefall. Da kéint een also haut soen, wann dat deemools ge-baut gi wier, da bräichte mer haut net deem deiere Projet, dann hätte mer also dat duebelt gespuert. Al-so esou eng Milchmädchenrech-nung, déi maacht Dir, ech maache se net, well deemools an haut, dat ass e groussen Ënnerscheed.

Du kouw de Spidolsplang vun 1994. Et war schweier - ech ginn dat zou - fir de Beetebuerger LSAP-Gesondheetsminister, sen-gen Diddelenger Kolleege misse matzedelen, datt d'Spidol zu Did-deleng misst zougemaach ginn. Dat war en haarde Coup an dat war fir déi Diddelenger en Drama, wat een och versteet. Dat kann dach net sinn, an awer huet et mis-se sinn. An dofir gouf am Spidols-

plang vun 1994 de Rehazenter u sech net als Zenter virgesinn, mä nëmmen a Form vu 60 Rééducationsbetter am Diddelenger Spidol, dëst als Ausgläich fir den Ofbau vun de 60 Akutbetter. Ofbau vun Akutbetter, wëll ech hei nach eng Kéier betounen, well éinescht d'Fro gestallt ginn ass, wéi ass et mat der Zuel vun de Better op 1.000 Awunner. Ofbau vu Better, déi koume vum sozialistesche Minister deemools an d'Gespréich no Etüden, déi gemaach gi sinn. Do runner wëlle se sech haut net méi erënneren.

(Interruptions diverses)

Si waren dat net. Et muss een och hei preziséieren, déi farfelue Iddi fir de Rehazenter an dat aalt Diddelenger Spidol ze leeën. Dat aalt Diddelenger Spidol läit an engem Hank an et muss ee sech virstelle wéi déi Leit am Rollstull an d'Patienten, déi an de Rehazenter mussen kommen, do transportéiert gi wäeren.

Direkt a massiv aus dem ganze Land ass deemools scho Kritik opkomm, wat déi dezentral Implantatioun vum Site betrëfft. Den deemolegen Transportminister huet sech als Retter vun der Situatioun gesinn. Dat ass deen, deen ech gëschter hei zitéiert hunn, dee mam gëllene Bagger op där enger Säit, deen huet sech als Retter vun der Situatioun gesinn an huet de Leit versprach, hie géif duerch d'ganzt Land d'Patiente siche goen, fir se op Diddeleng ze bréngen. Ech hätt den deemolegen Transportminister Goebbels gäre gesi mat senge geplangten Naveten, déi duerch d'Géigend gependelt wieren an déi d'Patiente vu Klierf op Diddeleng kutschéiert hätten.

Zu Diddeleng ass dësen nationale Service ze vill vun der Lokalpolitik beanträchtegt ginn an et sinn ëmmer méi berechtegt Zweifel opkomm, ob eis dräi Regiounen op eng équilibréiert Aart a Weis kënnen vun deem Service profitéieren. Ech brauch jo net méi drop hinze weisen, datt fënnef Joer drop, also wéi d'Finanzéierungsgesetz vun 1999, wat de Rehazenter am Frankelach mentionnéiert, hei gestëmmt ginn ass, nach ëmmer keen neie Spidolsplang ausgeschafft war. Bis 1995 waren net manner wéi sechs verschidde Projete ausgeschafft ginn, déi alleguerter verwerf gi sinn. Déi Projete hunn och vill Sue kascht, a ganz vill Suen.

Haut ass de Kolleeg vun Diddeleng mat engem Wuert doriwwer ewechgaangen. En huet gesot, soit, dann ass dat esou. A wann déi aner Leit plangen a Suen investéieren a Plangen, da gëtt do Gedäisch gemaach. Mä déi sechs verschidde Plangen, déi deemools ausgestallt gi sinn, an déi vill Sue kascht hunn, vun deenen huet keen hei...

(Interruptions diverses)

Déi sechs verschidde Plangen, déi ech hei ugeschwat hunn, Här Mars Di Bartolomeo, da soen ech lech et, hunn net 120 Milliounen kascht, mä déi hunn 240 Milliounen kascht.

(Brouhaha général)

Da wësst Der dat och!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dir gleeft dat jo selwer net. Dir sidd wierklech e Witzbold. Et kënn net méi op e Grapp un. Fuert roueg virun, ech ënnerbriechen lech och net méi. Et ass einfach ze peinlech.

(Hilarité)

■ **M. Niki Bettendorf (DP).**- Et ass interessant wann een d'Wourecht net verdréit. Op alle Fall, Dir hat mat Äre Kolleegen déi Plangen alleguerter ausschaffe gelooss an Dir sidd vun Hamm op Mondorf, Dir sidd vu Mondorf an d'Spidol, vum Spidol an d'Frankelach geplënnert. Dat ass Är Verantwortung a kengem anere seng. Dat ass a bleift Är eege Verantwortung.

1996 ass Hoffnung opkomm fir all déijéineg, déi e Rehazenter an der Stad, also am Zentrum, wollten entstoe gesinn. Effektiv gouf deemools de Projet am Diddelenger Spidol fale gelooss. Dat war souwisou, ech hunn et scho gesot, einfach Schwaachsënn fir an dat aalt Diddelenger Spidol de Rééducationszenter ënnerzebréngen. Mä et gouf net mat der Tenacitéit, an haalt lech un, Här President, ech soen elo emol eppes Guddes vum Här Mars Di Bartolomeo, a mat sengem Kampfgeesch gerechent. De Rehazenter vun Diddeleng war him esou un d'Häerz gewuess an en huet d'Standuertfro esouguer zu enger Koalitiounsfro an der Regierung gemaach.

(Interruptions diverses)

Den deemolege Koalitiounspartner vun der LSAP hat et net einfach, mä en huet sech als fairë Partner gewisen, och wéi hir Memberen aus Norden, Osten an Zentrum staark Oppositioun gemaach hunn.

Amplaz dass Der haut d'CSV ugräift, dass Der sot, si hätt jo och Verantwortung gehat, musst Der dach awer och zouginn, dass si vis-à-vis vun lech fair war an eréischt duerno, wou se de Partner gewiesselt huet a wou se vun eis virgeluecht a gewise kritt huet, wéi verfuere dass déi Kar war, déi Dir an den Dreck gefouert hutt, eréischt vun do un huet se agesinn, dass se mat eis um richtege Wee war fir dat do...

(Interruptions diverses et hilarité)

Ech hunn elo erëm héieren, maacht eng Annonce an d'Lëtzebuerger Wort, da gleewen d'Leit lech dat. Ech muss lech soen, wann d'Escher Tageblatt, d'Tageblatt fir d'Lëtzebuerger alleguerter, nëmme géif een Zéngtel vun deem schreiwen, wat mir als Demokratesch Partei realiséiert hunn, da bräichte mer net och nach dem Tageblatt eng Annonce ze bezuelen. An äre Chefedakter, den Här Sold, soll sech emol e bëssen informéieren...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- En excellente Journalist!

■ **M. Niki Bettendorf (DP).**- ...iwwert dat wat déi auslännesch Etüd iwwert d'Verfilzung vun Zeitungen a Parteien hei zu Lëtzebuerg gesot huet. Mä dat gëtt vun der Press einfach ofgeblockt. Do gëtt et jo keng Verfilzung. Ech muss soen, wann ech d'Tageblatt...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Schwätzt emol mam Här Grethen!

■ **M. Niki Bettendorf (DP).**- ...opschloen an ech gesinn déi Ongeheierlechkeeten, déi do munchmol drastinn...

(Interruptions diverses)

Här President, wien hat vun der Zeitung ugefaange mat schwätzen? Ech war et net.

(Interruptions diverses)

■ **M. le Président.**- Ech géing lech bieden e bëssen nozelauschten.

■ **M. Niki Bettendorf (DP).**- Schon am Juni 1993 gouf e Memorandum publizéiert vun eminen-ter medezinescher a wëssenschaftlecher Säit: „Le Centre national de rééducation doit bénéficier d'une situation centrale accessible de tous les coins du pays et de la Grande région. Ceci est particulièrement important pour les malades nécessitant un traitement ambulatoire, une hospitalisation de jour et qui doivent pouvoir profiter des moyens de transport public centralisés dans la région de la Ville de Luxembourg. En plus, le centre doit se situer a proximité“, an dat war fir mech a fir déi meeschte Leit dat allerwichtigst, „des centres hospitaliers les plus importants, donc à une distance raisonnable

de la Ville de Luxembourg, permettant en cas d'urgence des transferts rapides.“

Fakt ass, datt am Mäerz 1996 de Projet Frankelach vum Gesondheitsminister virgestallt gouf, en neie Réckschlag fir d'Géigner vun deem Projet, deen hätt solle viru Jore seng Dieren opmaachen. Mir wëssen, datt déi Rechnung net opgaangen ass an datt wéi gesot am Moment d'Baggeren um Kierchbi-berg amgaange sinn ze buddelen. Vill Leit, an dozou zielen ech mech och, hätte sech gewënscht, datt dat net eréischt 2003 géif gescheien, mä vill éischter.

D'Ursaach ware Lokalpolitiker. Ech zitieren: „Un service national à la merci de la politique locale et d'un réseau hospitalier régional, ne pouvant pas servir de façon équilibrée les trois régions du pays.“

Här President, datt eenzegt gutt un der ganzer Affär ass, dass schlussendlech dach de gesunde Mënscheverstand sech duerchgesat huet, och wann et ze laang gedauert huet. Mir schléissen elo dat Kapital Rehazenter fir de Moien of. Den Nomëtten, et gouf ugekënnegt, kréie mer nach eng Geleeënheet fir drop zrëckzekommen, mä, muss ech lech soen, dëse Politikum ass fir mech elo um Enn ukomm an ech si frou, dass aus dem Politikum eng Realisatioun gëtt am Intérêt vun de Patienten.

Zum Schluss wëll ech kuerz déi zwee aner Projete ernimmen iwwer Établissementer, déi nach am Projet de loi 5212 dra stinn, an déi mat dëser ganzer Diskussioun ze kuerz kommen, an zwar dat neit Etelbrécker Spidol an de Spidolskomplex um Kierchbi-berg.

Et handelt sech ëm héich modern a qualitativ gutt équipéiert Spidolsinfrastrukturen, déi ouni Zweifel eng ideal Betreuer vun de Patienten erméiglechen. Déi zwee Établissementer konnte viru kuerzem hir Dieren opmaachen. Och do sinn d'Enveloppen net duergaangen. Och si si substanzuell méi deier ginn, ouni awer dass Projete hu missen nei kreéiert ginn.

Ze begrëissen ass, datt et nach eng drëtt a wann net scho bal och eng véiert Adaptatioun vum Finanzéierungsgesetz wäert ginn. Nach zousätzlech Établissementer brauchen Adaptatiounen vum 99er Finanzéierungsgesetz.

Ech wollt nach zum Schluss vu menger Interventioun dem Gesondheitsminister Carlo Wagner félicitéiere fir säin immensen Asaz, fir seng immens Efforten, well en hat et net ëmmer einfach, fir déi Spidolsinfrastrukturen an deene leschte Joren ze realiséieren. Hien ass einfach mäi Ministre préféré!

Ech soe merci fir d'Nolauschtenen a bréngen den Accord vu eiser Fraktioun.

(Interruption)

Jo, wann ech soen hien ass mäi Ministre préféré, dann ass dat esou. D'Kollege Sozialisten haten an deene 15, 20 Joer, déi mer elo hei beliicht hunn, d'Malchance zwee vun hire Ministeren ze verléieren. Si hu misse goen. Vill Leit hate gemengt, an d'Sozialisten un éischter Plaz, dem Carlo Wagner géif dat selwecht Schicksal gescheie wéi deenen zwee aner Ministeren. De Minister Carlo Wagner huet sech duerchgesat. Hien huet Realisatiounen op den Dësch geluecht, an dofir verdingt en de Mérite vun eis alleguerter.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschtenen.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. D'Wuert huet den Här Gibéryen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Moien en neit Finanzéierungsgesetz um Ordre du jour iwwer Moderniséierungen an nei Konstruktiounen am Spidolssektor.

Den 21. Juli 1999 hu mer fir 20 Milliarden schonn eng Kéier e Finanzéierungsgesetz gestëmmt, wou mer insgesamt an engem Gesetz 15 Projete zrëckbehalen hunn. A wann een e bëssen an déi Debatten zrëckkucke geet, dann ass am Fong schonn 1999 dat, wat mer haut hei maachen, virausgesot ginn, queesch, géif ech bale soen, duerch d'Reien all, quitte datt déi, déi deemools an der Majoritéit waren, dat net esou kloer ënnerstrach hunn, mä et war gewosst, wann ee géif 15 Projete an engem Finanzéierungsgesetz stëmmen, datt ee bei der Emsetzung vun deene Projete sécherlech net géif mat deenen zu deem fréien Zäitpunkt virgeginnenen Zommen erauskommen.

Dat ass elo net eng Exceptioun hei an der Chamber, mä mir si jo zu ville Buergermeeschteren heibanen, a wa mer e bëssen eierlech sinn, da mussen mer zouginn, datt an de Gemenge bei groussen Projeten och en cours de route Supplémenten derbäikommen, an herno, wa mer d'Réceptioun vun de Projete maachen, de Kont virleeën, sinn déi Projete méi deier, sief et datt Supplémenten derbäikommen sinn, déi déi politesch Responsabel meeschtens net kennen, wat vläicht och Oublié sinn, déi bei den Architekten, bei de Bureaux d'études virkomm sinn. Et komme Präishaussen derbäi. Mir wëssen awer och, datt eng Entwécklung stattfënn. Virun allem am medezinesche Beräich ass et eng permanent Entwécklung, déi selbstverständlech an der Regel mat zousätzlech Käschtépunkt be- laascht gëtt.

Et war dofir eiser Meenung schonn 1999 gewosst, datt mer zu iergendwéi engem Zäitpunkt en neit Gesetz misste stëmmen, wéi dat eben haut elo de Fall ass, wou 100 Milliounen Euro nogestëmmt gi fir d'Infrastrukturen, déi amgang si realiséiert ze ginn, wéi zum Beispill d'Spidol um Kierchbi-berg, zu Etelbréck an de Rehazenter, fir nëmmen déi dräi ze nennen. Mir als ADR stëmmen dësem Projet zou, well d'Investitiounen an d'Gesondheitswiese fir eis d'absolut Prioritéit hunn.

Mir hunn déi lescht Woch bei den Debatten zum Budget verlaangt, well de finanzielle Spitt vum Stat an deenen nächste Jore méi kleng gëtt, dass de Stat onbedéngt misst no Prioritéite schaffen. Mir hunn och gesot, datt eng Rei vu Projete, déi realiséiert gi vun dëser Regierung, oder zumindest op d'Schinn gesat gi sinn, wéi dee scho laang ëmstriddene Pei-Musée, mä awer och Projete wéi d'Rockhal, oder de Projet wou mer zwee schrotträif Héichuewe vun der ARBED iwwerhuelen, déi mer fir eng hallef Milliard aler Frangen nëmme stabiliséieren an duerno eréischt d'Projete maachen, eiser Meenung no falsch Prioritéite sinn an datt een déi Gelder sollt hale fir dohinner ze investéieren, wou d'Land et wierklech brauch. Dovu war eng vun den Haaptprioritéiten de Gesondheitssektor, an dofir stëmme mer och dësem Projet zou.

Et muss een awer wëssen, och wa mer elo dat hei stëmmen, wäerte mer gesinn, datt mat deene Reserven, déi mer hunn, mer an deenen nächste Joren nach net wäerten iwwert d'Distanz komme fir de ganze Gesondheitssektor esou mat Infrastrukturen ze versinn, wéi dat am Fong misst fir e moderne Stat, e modernt Land de Fall sinn. Ze fäerten ass, datt wa mer net déi richteg Prioritéite setze bei den Investitiounen am Stat, mer zum Schluss bluttnoutwendeg Investitiounen am Gesondheitswesen net méi kënnen realiséieren. Dofir invitéiere mir d'Regierung nach eng

Kéier absolut no Prioritéiten Investitiounen ze maachen, fir datt déi Investitiounen, déi d'Land an d'Leit brauchen, och kënnen realiséiert ginn, net datt déi wéinst anere Prioritéiten herno mussen zrëckstoen.

Mir wëssen, datt wa mer an de Gesondheitssektor investéieren, mer mat Nofolgekäschte konfrontéiert ginn, wat normal ass, wa mer gären eng gutt a performant Medizin hätten. Déi Nofolgekäschten wäerte selbstverständlech och eng Répercussioun op d'Krankekeese kréien, esou datt d'Krankekeesen net esou séier wäerten aus hirer defizitärer Situtatioun erauskommen.

Mir waren a sinn nach dergéint, datt Suen aus de Pensiounskeese geklaut gi fir an d'Krankekeesen transferéiert ze ginn. Ech wëllt just nach eng Kéier drun erënneren, well den Här Weiler de Moie gesot huet, et wiere keng Alternative proposéiert ginn, datt mir als ADR am Kader vun de Budgetsdebatten Amendementer a Motiounen virgeluecht hunn, wou mer d'Regierung invitéiert hunn, fir d'Accisen um Tubak ze erhéien, well d'Konsequenze vum Tubakskonsum e groussen Deel vun den Dépense vun de Krankekeesen duerstellen, an déi Accisen, déi mer dann zousätzlech iwwert den Tubak erakréien, sollten direkt de Krankekeesen zouféiere fir hire Finanzement an hir Defizitter kënnen ofzedecken.

D'Regierung war net gewëllt mat op dee Wee ze goen, wéi och net d'Majoritéit a bal keng aner Partei dat wollte maachen. Si hu léiwer deen einfache Wee gesicht vun den Transferte vun de Pensiounskeesen an d'Krankekeesen, wou zumindest, géif ech soen, déi Parteien, déi de Courage haten dat ze stëmmen, op enger Linn waren, och wa mer net averstane sinn. Eis sozialistesche Kolleegen hunn hei an der Debat géint déi Transferte gewettert, si hu vun engem eemolegen Trick geschwat, mä si haten awer net de Courage fir da géint déi Moosnam awer ze stëmmen.

Mir hunn och do gesot, wann een d'Accisen um Tubak géif héijen, dass een dat misst...

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).**- Mir hunn de Budget jo net gestëmmt, also hu mer dergéint gestëmmt.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Di Bartolomeo, mir hunn en Amendement hei virgeluecht, wou mer genau deen Artikel, ech mengen et war den Artikel 48, ech weess net ob de Spëtzekandidat vun de Sozialisten dat net matkritt huet...

(Interruptions diverses)

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).**- Mir hunn awer géint de Budget gestëmmt!

(Interruptions)

Mir hu géint de Budget gestëmmt, also hu mer dergéint gestëmmt.

(Hilarité)

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Also, Här President, bei aller Frëndschaft, déi ech vis-à-vis vum sozialistesche Spëtzekandidat hunn, ass dat do mer awer e bësse simpel, well, Här Asselborn, domadder, well Dir géint de Budget stëmmt, wann een an där doter Logik weidergeet, dann huet ee géint alles gestëmmt wat am Budget ass. Dann hutt Der jo och dergéint gestëmmt, dass nach an Zukunft Kannergeld ausbezuel gëtt.

(Interruptions diverses)

Dann hutt Der och dergéint gestëmmt, dass Transferten an d'Sozialwiese kommen. Dir hutt dergéint gestëmmt, dass d'Statsbeamten nach e Gehalt kréien an esou virun. Dann hutt Der jo géint alles gestëmmt.

■ **Une voix.**- Do hu se derfir gestëmmt.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Neen, si hu jo géint de Budget gestëmmt.

M. Lucien Weiler (*CSV*).- Den Amendement, Ären Amendement, hu se net gestëmmt. Also hu se derfir gestëmmt.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Jo, deen hu se net gestëmmt. Jo, si hunn also derfir gestëmmt.

(Interruptions diverses, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Dir Damen an Dir Hären, Dir sollt no-lauschteren.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Et war zwar scho gutt, dass den Här Asselborn déi Zwëschebemierkung do gemaach huet, well dat jo awer déi Gradlinnegkeet, déi si an hire politeschen Iwwerleeungen hunn, ënnersträicht.

Op jidde Fall, wéi mir d'Tubaks-steier wollten erhéijen, hu mer gesot, dass déi misst aus dem Indexwuerekuerf erausgeholl ginn, well et net kéint esou sinn, dass mer d'Accisen um Tabak géifen erhéijen an doduerch och nach géifen eng Indexbranche provozéieren. Dofir hu mer also gläichzäiteg och gesot, dass ee misst dann déi Augmentatioun vun den Accisen aus dem Indexwuerekuerf eraushuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat heiten ass am Fong e ganz wichtege Projet, géif ech soen, well en Investitioun e finanzéiert, op déi d'Leit am Land scho laang waarden. An et ass dofir och am Fong e bëssen, géif ech soen, blamabel gewiescht, dass haut de Moien esou grouss Blécker no hanne gemaach gi sinn, wou am Fong alleguerten déi, déi dorunner participéiert hunn an déi mat schold sinn, dass mer elo zéng, fofzéng Joer zum Beispill net ukomm si mam Rehazenter, mam Bau, dass déi Leit am Fong de Moie besser gehat hätten hei nâischt ze soen, well wat se méi doriwwer geschwat hunn, wat se am Fong de Leit méi erëm erkläert hunn, dass se esou laang doriwwer geschafft a geschwat hunn an nâischt realiséiert hunn. An eis sozialistesche Kollegen, géif ech mengen, hätten am beschte gehat de Moie guer nâischt ze soen, well déi hunn am beschten ënnerstrach, well se gesot hunn, et ass 15 Joer nâischt geschitt, si hate während deene Joren de Gesondheetsminister, a si hunn am Fong domadder selwer bewisen, dass si et an all deene Joren, wou si an der Regierung waren, net fäerdeg bruecht hunn déi Projeten op de Wee ze bréngen, an zwar well intern an hirer Partei duerch klengkaréiert, lokalpolitesch Iwwerleeungen een deen anere blockéiert huet.

An och d'CSV huet sech de Moien hei relativ einfach aus der Roll gezunn, wéi se higaangen ass a si huet am Fong nëmmen op d'Sozialiste gewisen an huet esou gemaach wéi wa si an deene 15 Joer hei an der Regierung am Land nâischt ze soe gehat hätt. D'CSV geet am Fong nom Motto, wann eppes gutt ass, da ware si et, a wann eppes schlecht ass, da war et de Koalitiounspartner, an ech mengen esou einfach geet dat och net. Wann een an enger Regierung ass...

(Interruptions diverses)

M. Marcel Glesener (*CSV*).- Esoulaang wéi et funktionéiert.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Also ech muss éierlech soen, Här President, den Här Glesener seet: Esoulaang wéi et funktionéiert. Et schoungt ze funktionéieren, ...

(Hilarité)

...well déi leschte Kéier waren d'Sozialiste bei der CSV an der Regierung - d'CSV huet zwar e bësse verluer, mä d'Sozialisten haten dra-

matesch verluer -, a wa mer elo d'Pronosticke kucken, da schéngt et der DP déi nächst Kéier net besser ze goen. Et kann een also nëmmen déi Koalitiounspartner, déi mat der CSV an d'Bett ginn, invitéieren, an Zukunft méi opzepassen, well se ginn nämlech ganz gären do iwwert d'Bettkant geschubst, mat einfachen Tricker. Ech gesinn den Här Paul-Henri Meyers dohanne grinsen, him ass dat och an der Gemeng Lëtzebuerg gegléckt.

(Hilarité)

Hien hat d'Iddi vum Parking résidentiel, an den Här Helminger kritt se op de Kapp.

(Hilarité)

Also et muss ee wësse sech unzeleeën, an d'CSV weess, dass mäi Frënd Jaerling ëmmer seet: Si hunn 2.000 Joer Erfahrung an der Nidderträchtegeket, an déi ka kee méi ophuelen.

(Hilarité)

Une voix.- An et wiert emol kee sech!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Op jidde Fall, Här President, hei hunn déi Koalitiounspartner een deem aneren d'Schold zougeschubst, an ech menge wa mer géifen e Stréch drënner zéien a mir géifen Inventar maachen, da kéinte mer soen, et ass een esou vill schold dru wéi deen aneren, et bräicht keen op deen aneren ze weisen.

D'Fro, déi een natierlech muss un d'Sozialiste stellen, dat ass, wann d'Sozialiste géifen erëm an d'Regierung kommen, wat jo net onbedéngt ze hoffen ass fir d'Land, mä wann déi erëm géifen an d'Regierung kommen, ob déi dann erëm géifen déi ganz Projeten do a Fro stellen. Dofir kann ee frou sinn, dass d'Baggere momentan op deene grouse Sitë lafen, an et kann ee soen, Gott sei Dank lafe se, well wann de Risiko géif bestoen, dass d'Sozialiste géifen an d'Regierung kommen, da géifen déi Projeten erëm eng Kéier wahrenscheinlech ëmgeännert ginn, da géifen déi Diddelenger erëm eng Kéier eng nei Plaz zu Diddeleng fannen, vläicht um Gehaansbiereg oder soss anzwousch, an da géifen déi Projeten erëm ëm véier, fënnef Joer verréckelt ginn.

Ech mengen d'Sozialisten hunn an där heiter Saach eng wierklech blamabel Roll gespillt. Si si mam Projet vun Hamm op Mondorf gaangen, dunn op Diddeleng an d'Spidol, a wann ee weess wou d'Diddelenger Spidol läit, dat ass mat dee gréisste Biereg, dee mer hei am Land hunn, wou deen do läit, an et weess een, dass ee muss an esou en Hang e Rehazenter bauen, dann huet ee sech aus där Diskussioun, mengen ech, selwer disqualifizéiert, fir eleng op d'Iddi ze kommen an esou en Hang, wou keng Plaz ass a guer nâischt, fir dohinner wëllen e Rehazenter opzebauen. A genau datselwecht ass och, wéi mir herno an d'Frankelach gaange sinn, wat e verseuchten Terrain ass, an och en Terrain, deen a sengem Fong net stabil ass.

Zum Beispill déi Leit vun Kräizbiereg, déi wollte jo och eng Kéier an d'Frankelach baue goen, an déi hu bei de franséische Büro Stabilitéitsprouwe maache gelooss vum Buedem, an dunn ass erauskomm, dass dat e grouse Supplément u Käsche géif ginn, wann ee géif dohinner bauen, fir eben dee ganze Buedem ze stabiliséieren. Dat heescht, wa mer haut um Kierchbiereg musse Supplémente weinst dem Fiels stëmmen, si mer genau-sou sécher dass, wa mer an d'Frankelach gaange wären, mir och hätte missen nach eng Kéier Supplémenten nostëmmen. Also d'Diddelenger hunn do wierklech, géif ech soen, Här President, vill Schold drun.

A wa mer haut soen, dass mer dat esou laang verschleeft hunn, dann ass dat am Fong d'Schold vun der klengkaréierter Parteipolitik um lokale Plang. Wa mer vun Ufank un d'Iwwerleeunge vum Patient an de Mëttelpunkt gestallt hätten, da wär dee Rehazenter haut scho laang iergendwou hei zu Hamm oder um Kierchbiereg gebaut an d'Leit kéinten dovun profitéieren. An dofir, wann ee muss de Mond an deem Dossier halen, da sinn et d'Sozialisten, a bei de Sozialiste muss ganz speziell een de Mond halen, dat ass de Buergermeeschter vun Diddeleng, den Här Mars Di Bartolomeo, dee permanent iwwer Joren et verstanen huet, a senger Partei en Hickhack opzeféiere mat deem Projet, mat dem Resultat dass en iwwer Jore verschleeft ginn ass.

An et muss een haut wahrscheinlech dem Här Wohlfart merci soen, wéi dee Gesondheetsminister ginn ass, dass deen dunn och nach op déi genial Iddi komm ass fir nach all Sozialist queesch duerch d'Land zefridden ze stellen, andeems dass en nach eng Antenn vum Rehazenter doruechter géif verdeele goen, wat da guer net méi funktionéiert hätt, an dat huet dunn awer de Rescht vum Land agesinn, dass d'Sozialisten elo komplett duerchgeschnappt wären an där doter Iddi, an domadder ass de Projet du Gott sei Dank definitiv zum Fall komm, an dofir kann een zumindest dem Här Wohlfart merci soen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut solle mer frou sinn, dass mer déi Projeten op der Schinn hunn, a mer sollen och, mengen ech, de Courage hu fir ze soen: Wa mer déi Projeten do gären hätten, wa mer gären eng gutt Gesondheetspolitik hei am Land maachen, da musse mer och bereet sinn, de Präis dovun ze bezuelen. An amplaz dass verschidde Leit hei Vergaangenheetsbewältigung maachen a sech domadder selwer reiden, well alleguerten, ob et d'CSV oder d'LSAP war, musse sech un de Krupp gräifen, well et heescht hei Scholdzouweisung maachen. Si hunn allen zwee während 15 Joer déi Projeten hei verschleeft. Haut si mer an enger Situatioun, an där mer se kënne realiséieren, dofir solle mer frou sinn, a mir sollen och frou sinn, kënne Geld an d'Gesondheetspolitik ze investéieren, an dofir wäert den ADR och deem Projet zoustëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur vun deem Projet, dem Här Schroell, merci soe fir säi Rapport. Nodeem mer virun der Summervakanz dëst Joer jo scho gezwonge waren, déi staatlech Bâihëllef an Participatiounen fir déi Stater Kannerklinik an d'Maternité, fir den Institut vun der nationaler Häerzchirurgie, fir d'Eeche Klinik, fir d'Klinik Bohler a fir den Ausbau vum Radiotherapiezentrum zu Esch nei ze adaptéieren, dat heescht staark eropzesetzen, soll elo mat deem Projet de loi d'budgetär Enveloppe fir dräi aner Projeten nei adaptéiert, dat heescht erëm eng Kéier eropgesat ginn, well déi initial virgesonnen Devisen haut erëm eng Kéier e gutt Stéck méi deier gi sinn.

Als Haaptgrond fir dës Dépassementer gi genannt: Éischtens sënnavoll medezinesch Ergänzungen an eenzelne Projeten, an dogéint war natierlech nâischt anzuwenden. Zweetens de Käscheppunkt vun neie Sécherheetsnormen, déi vun der ITM, der Inspection du travail et des mines, imposéiert gi sinn.

Géint gutt Sécherheetsnormen ass och vum Prinzip hier nâischt anzewenden. Et stellt sech do allerdéngs d'Fro, wisou et an der Relatioun zwëschent enger öffentlecher Institutioun wéi der ITM op där enger Sait an de Santés- a Spidolsverantwortlechen op där anerer Sait net vun Ufank un eng besser Koordination ginn ass, fir vun Ufank un déi néideg Sécherheetsmesuren och finanziell virzugesinn a mat anzebezeien. Mir menge jiddefalls, dass bei kommende Projeten net nach eng Kéier esou evident Sous-estimatiounen dierfe virkommen.

E weidere Grund vun den onnéidege finanzielle Méikäschten sinn an eisen Aen awer och d'Planungsfehler oder d'Planungsoublien, déi net ëmmer ganz seriö oder verständlech sinn, besonnesch wann ee gesäit ëm wat fir Milliounenzommen et sech dobäi zum Deel handelt. Just ee Beispill ënner anerem an deem Zesammenhang ass de Fait, dass zum Beispill am St Louis bei dem Opstelle vun hiren Investitiionsdossieren déi Responsable scheinbar vergiess haten, d'Käsche vum Mobilier mat anzerechnen. Aktuell schéngt et do jo och nach Problemer mat der Finanzéierung vum Personal ze ginn.

Méi grouss Problemer, fir en zweet Beispill ze nennen, goufen et bekanntlech jo virun zwee, dräi Joer och nach bei der Finanzgestioun vum Nidderkuerer Spidol. En drëtten eventuell méi e generelle Problem besteet haut aktuell bei sou monche Spideeler hei am Land, fir iwwerhaupt e seriöen, équilibréierte Budget zustanen ze kréien.

Als Gréng si mir selbstverständlech der Meenung, dass mer e performante Spidolssecteur an eiser Santé brauchen a vernünfteg sollen entwéckelen, och an dese méi schwéiere budgetären Zäiten, well grad an der Santépolitik et och an eisen Aen net zu enger onsozialer Austéritéitspolitik dierf kommen. Mä ëmgekiert, well et jo awer ëm ganz grouss Zomme vu Steiergelder geet, misst et bei der Planung vun Investitiionsprojeten awer och dorëms goen, fir eng seriö a rational finanziell Planung vun de Gebailechkeeten, vun de Personalbesoinen, vun de medezineschen Installatiounen an och vun de Folgekäschten ze maachen, fir déi permanent Dépassementer vun Devisen, d'Ënnerschätzung vun der reeller Käschten, Double-emploien an darselwechter Spidolsregioun a carrément Gaspillagen ze verhënneren.

Leider, Dir Dammen an Dir Hären, si mer also erëm eng Kéier hei bei dësen dräi Finanzéierungsprojete mat noutwendege budgetäre Ralangé konfrontéiert, bei deenen an eisen Aen nëmmen en Deel op d'Sécuritétsfuederunge vun der ITM zréckzeféieren ass. De Statsrot schwätzt bei de Ralangé fir de Projet vun Ettelbréck a vum Kierchbiereg vun ongeféier 12 Milliounen Euro, während d'Gesamtdépassementer an deem Projet bei iwwer 30 Milliounen Euro wäerte leien.

Deen neien, vill méi héije Käscheppunkt vum Rehazenter um Kierchbiereg ass an deem Konzept insgesamt souwisou nach e ganz anere Problem, mä dëst parteipolitescht Trauerspill ass an deene leschte Jore bekanntlech genuch an der Press kommentéiert ginn, an dat Trauerspill huet sech haut de Moie jo hei nach eng Kéier widderholl, sou widderholl, dass ech an deem Kontext doriwwer meng Riedezäit hei iwwerhaupt net méi vergeude wëll.

Dir Dammen an Dir Hären, wann een niewent den haut hei elo virleienden zousätzleche Käsche fir dës Spideeler déi zousätzlech Käschten dobäi rechent vun den Dépassementer vun deenen Investitiounen, déi mir beim éischte Volet kuerz virun der Summervakanz décidéiert haten, da kënnt een op iwwer 2 Milliarden al Lëtzebuenger Frang. Dat sinn an eisen Ae keng Peanuts méi, dat si riseg Zommen,

mat deenen zumindest deelweis, wann ee vun der ITM-Problematik emol ofgesäit, méi rationell hätt missen ëmgaange ginn.

Et ass aus dese bisheregen Experienzen dofir och leider net auszuschléissen, dass mer bei deem drëtten kierzlech nach virgesinnene Volet vun neien Investissementer zu Wolz bei der Ste Marie oder dem Nationalen Institut fir Häerzchirurgie erëm eng Kéier mat ähnleche Problemer wäerte konfrontéiert ginn. Et géif mech jiddefalls wonneren, wann dat doten op där enger oder anerer Plaz net de Fall wär.

Dir Dammen an Dir Hären, sou richtig et ass, wann de Rapporteur am Kommissiounsbericht déi vergaangen CSV-LSAP-Regierungen dofir kritiséiert, dass se an de vergaangenen 20 Joer d'Moderniséierung vun eise Spideeler gréisstendeels streeflech vernoléisseg a verschlof hätten - souwuel d'LSAP wéi och dem Här Juncker an dem Här Weiler hir CSV -, sou evident et also haut ass, dass op ville Plazen e ganz groussen an urgenten Nohuelbedarf un Investitiounen do ass, Investitiounen, déi eis haut natierlech vill méi kaschte wéi wann dat virun zéng Joer gemaach gi wär, sou richtig ass et awer och, dass mer elo beim Opschaffe vun deem Investitiounsretard mussen oppassen, fir net duerch permanent gréisser Dépassementer vun den urspringlechen Devisé Milliarde Frang zousätzlech engagéieren ze mussen, well dat ass net seriö.

Als Gréng hate mer viru kuerzem bei Geleeënheet vun enger Pressekonferenz iwwert d'Defiziter vun eise Krankekeesen op deen héijen an ëmmer weider steigende Käscheppunkt vun eise Spidolsinfrastrukturen am Krankekeesesystem, mä och an eise Gesondheetssystem insgesamt higewisen. A fir méi eng transparent a rational Planung ze kréie vun de Bauinvestitiounen, mä och vun de Folgekäschten, hate mer op déi heiteg Problematik vun all deenen ënnerschiddleche Statuter a Verwaltungsrotsmodeller an deene verschiddene Spideeler hei zu Land higewisen, wouduerch et an eisen Aen op muncher Plaz och zu sou munchem amateurhaften Investitiouns- a Verwaltungsgewurschtels komm ass. Ech verweisen nach eng Kéier op d'Beispiller, déi ech virdrun hei genannt hunn.

Dofir plädéiere mir och fir e Kadergesetz fir d'Verwaltung an d'Finanze vun de Spideeler, an deem d'Kompetenzen an d'Responsabilitéite kloer geregelt wären an iwwert dat d'Prioritéiten am Beräich vun den Investitiounen kloer definéiert wären, an dat evidenterweis op der Basis vun der Carte sanitaire a vu sektorielle Spidolspläng. Vun esou enger rationaler, transparenter, käschebewosster an um Prinzip vu regionale Synergien a Komplementaritéiten berouender Politik si mir haut leider erëm zimlech wäit ewechkomm.

Ech soen et erëm, well nach 1998 an 1999 héich offiziell an no villen Diskussiounen festgehale gi war, dass déi zukünfteg Spidolsplanung misst eng Planung si vu regionale Synergien, Kooperatiounen a Fusiounen, an och eng Politik fir double an triple Emploien an der medezinescher an der apparativer Versuergung a jidder Regioun ze vermeiden.

Wat awer ass an der Realitéit dovunner iwwreg bliwwen? Zwar ass et an der Regioun Süden zu Kooperatiounsverhandlungen komm tëschent dem Escher Spidol an Diddeleng, wou eng Fusioun elo kuerz virun der Dier steet. D'Escher Spidol ass och mam CHL Kooperatiounen agaangen, zwar ass et och an der Regioun Zentrum zu enger enker Kooperatioun komm tëschent dem CHL an der Eeche Klinik, mä soss ass awer net ganz vill geschitt, am Géigendeel. Duerch d'Optriede vun deem neie grouse Kongregatiounsspidol um Kierchbiereg ass insgesamt dat zaghaft

Denken a Kategorië vu Koopera-tioun, Synergien a Komplementari-téiten erëm deelweis ëmgeschloen an dat aalt, reng betribsegois-tescht Konkurrenzdenken. Dëst Denken huet erëm eng Kéier zou-geho.

E Konkurrenzdenken, bei deem versicht gëtt déi meeschten an déi prestigiéiste Spezialitéiten a mede-zinesch Infrastrukturen an Appara-ter, mä och déi beschte medezi-nesch Spezialisten aus der Groussregioun, an doriwwer eraus, praktesch nom Modell vun engem Headhunting, just an déi eege Kli-nik eranzekréien, wat dann preven-tiv oder reaktiv bei anere Spideeler an darselwechter Regioun och nees dee Konkurrenzreflex aus-léist, fir selwer e Schrëtt viraus ze sinn, oder zumindest schnell kënne gläichzezéien.

Dat negatiivt Resultat vun dësem betribsegoistesche Konkurrenz-denke kann een haut un enger Par-tie vu Beispiller illustréieren. En éischt Beispill ass d'Zuel vun de Scanneren hei zu Lëtzebuerg, wou mir op eng Millioun Awunner gere-chent hei a Westeuropa de Spëtze-reider a Rekordhalter sinn. A munche gréisseren Haiser gëtt et net nëmmen een, mä souguer zwee Scanneren, a viru kuerzem huet d'Ste Marie zu Esch, wéi et schéngt, zum Beispill nach ausser-halb vun der normaler finanzieller Genehmigungsprozedur einfach en neie Scanner ugeschaaft.

En zweet Beispill ass an der Re-gioun Zentrum, wou dat neit öffent-lech finanzéiert Kongregatiouns-spivol um Kierchbiereg sech konnt imposéiere mat alle modernsten Équipementer, a sech gläich och nach d'Klinik Bohler do ënnert den Nol gerappt huet.

Just tësche Klamere gesot, ass dës Operatioun fir déi véier fusio-néiert kathoulesch Spideeler oder Kongregatiounen eng interessant finanziell Operatioun, well se hir Gebaier kënne selwer behalen an als geriatesch Better weider be-dreiwen, a gläichzäiteg e komplett neit, groust a supermodernt Spi-dol dohinner gesat kruten. Woumat ech do Problemer hunn, dat sinn e puer Saachen.

Éischstens ass mer net bekannt, ob an a wéi enger Form do iwwer-haapt e Contrôle politique vun deem Spivol stattfënnt. Et schéngt do jo kee Statsvertrieeder am Conseil d'Administration ze sinn, wat fir eis problematesch ass, well mir dofir plädéieren, datt iwwerall, an all Spivol, esou e Statsvertrieeder misst sinn, mä net nëmmen e Stats-vertrieeder, och e Vertrieeder vun der UCM an eventuell souguer e Ver-trieeder vun de Patienten. Well bei all den Investitiionsdemenen an Investitiionsdécisiounen geet et bekanntlech ëm ganz vill Suen, an dat sinn öffentlech Steiergelder a Gelder aus de Cotisatiounen, an do muss an eisen Ae vill méi eng demokratesch Transparenz an eng öffentlech Kontroll garantéiert sinn.

Op d'Problematik vun de Folge-käschten um Kierchbiereg huet den Här Bartolomeo hei virdrun eng ganz Partie vu richtege Saache ge-sot. Ech sinn net ëmmer mat him d'accord, a ville Saache sinn ech net mat him d'accord, mä an dësem Punkt ginn ech him awer Recht an do wëll ech och net wei-der drop agoen.

E weidere Grond, firwat ee Proble-me mat dëser Évolutioun um Kierchbiereg kann hunn, dat ass den Androck - ech soen am Mo-ment just den Androck, mä et schéngt mer awer e staarken And-rock ze sinn -, dass dëst neit Spi-dol manner de Charakter vun engem komplementären Acteur schéngt ze hunn op der Basis vun engem wierklech regionalen oder nationale Besoin, mä plutôt schéngt als Konkurrent an der Re-gioun Zentrum opzetrieden. An do-riwwer eraus eng Regioun Zen-trum, déi, medezinesch gesinn, vir-drue oder bis dohinner, eigentlech schonn zimlech gutt équipéiert war mat deene bestoende Spideeler.

Nun, mat dësem Finanzéierungs-gesetz iwwert d'Kierchbiereger Spi-dol an déi aner - wat jo eigentlech souwisou och scho moutarde après diner ass, well de Bau scho steet a funktionéiert - gëtt d'Re-gioun Zentrum de facto an zwou, souguer dräi konkurrierend Polen opgedeelt - de Kierchbiereg, de CHL an d'Ste Thérèse -, an dës Konkurrenzsituatioun, an och d'Konkurrenzsituatioun mat dee-nen anere Regiounen, riskéiert jid-der rational Planung ze verhënnere, si verféiert zu lwweréquie-menter mat deiere Spezialisten a medezineschen Installatiounen a wäert de Käschtepunkt insgesamt an all d'Folgekäschte vun eise-m Spidolswiesen staark an d'Luucht dreiwen.

E Beispill nëmme vun diskutabelen lwweréquipementer am Zentrum ass zum Beispill de Beräich vun der Neurochirurgie, wou de CHL, d'Ste Thérèse an de Kierchbiereg hir Servicer ubidden, amplat dass dat sënnvollerweis méi konzentriert wär, wou dann ëmgekéiert en ane-re spezialiséierte Service och just op enger anerer Plaz vun der Re-gioun géif funktionéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Eegendynamik oder d'Strategie vun de Kierchbiereg-Responsabe-len opgeet, déi bekanntlech jo och elo d'Ste Marie, 200 m oder 100 m vum Escher Spivol ewech, kom-plett nei wëllen installéieren an oprüsten, statt Synergie mam Escher Spivol ze sichen, da ris-kéiert et net nëmmen an der Südre-gioun zum Opsplécken an zum Dé-doublement vu Servicer ze kom-men, mä och zu engem kontrapro-ductive Konkurrenzdenken, wat mat engem spuersamen Émgang mat Steiersuen a mat de Cotisa-tiounen vun den Assuréen näischt ze dinn huet.

D'Escher- an d'Diddelenger Spivol hunn dee vernünftege Wee virge-zeechent, wéi se sech op Koopera-tioun a Fusioon agelooss hunn; an dat steet elo kuerz virun engem fair ausgehandelten Ofschloss an dat ass dee sënnvolle Wee, wéi eng Spidolsregioun sech rationell soll organiséieren. Och mat aner Spi-deeler an der Südre-gioun wäert sécherlech sënnvoll Kooperatiounen do ze erreechen - zum Beispill och mat Nidderkuer -, amplat dass et aus renger betribsegoisteschen a falsche Prestige- a Konkurrenz-grënn op jidder Plaz zu deieren Équipementer géif kommen.

Dir Dammen an Dir Hären, wann ee gesäit, wéi praktesch all ee bis zwee Joer an de Krankekeesen oder an der Tripartite ëm d'Defizi-ter gefeilscht a gestriede gëtt, dann därer et eis grad och am Spi-dolssecteur, also dem Haaptkäsch-tefaktor, net egal sinn, wat do ge-schitt, wéi do duerch Konkurrenz-a Prestigedenken d'Käschte per-manent weider an d'Luucht gedriw-ginn. Et gi souwisou scho ge-nuch aner Facteuren, déi d'Usteige vun de Spidolskäschte bedéngen. A Stéchwierder nëmmen:

1. d'Veralterung vun eiser Bevölke-rung, an eleng doduerch och den Ustieg vun der medezinescher Ver-suerung an de Spideeler;
2. de politesch verscholtene Man-gel, dat heescht d'Feele vu genuch Hausdokteren a Pédiatere, deen ëmmer méi Leit an d'Urgencé vun eise Spideeler eran dreift;
3. de personalintensive Charakter vun de Fleeger an de Spideeler an och d'Zounahm vum Personal, wa jidder Spivol fir sech ëmmer nëm-me méi Spezialitéite wëllt hunn;
4. sécher nach onkloer, mä awer net ondenkbar, sinn awer och nach méi héich Käschten duerch den neien obligatoresche Service-de-garde-System fir d'Dokteren ënner 55 Joer - do si mer och gespaant wat do nach eventuell wäerte vu méi héije Käschten op eis zoukom-men;
5. a schliisslech gëtt et d'Proble-matik insgesamt vun de Folge-käschten a vun der systeminhären-ter Käschtdynamik vum Spidols-

system insgesamt, déi een net sollt ënnerschätzen.

Eleng dës Faktoren dreuwe prak-tesch onausweichlech de Käschte-punkt vun eise-m Spidolswiesen an d'Luucht, sou dass mer eis op där anerer Säit net och nach Feel- oder Falschplanungen, Ennerschätzun-ge vu Käschten an Devisen a re-gional lwweréquipementer duerch Konkurrenz- a Prestigedenke kën-ne leeschten, well soss mëttelfris-teg dëse Spidolssystem mat senge Folgekäschten onbezuelbar gëtt, besonnesch wann et kuerz- bis mëttelfristeg net zu enger staarker konjunktureller Reprise an zu neien Héichkonjunkturzäite wäert kom-men.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat am Ufank scho gesot, dass laut Bil-lan 2002 vun der UCM eis Spidee-ler 49% vum Käschtepunkt vun der UCM géifen ausmaachen; mat stei-gender Tendenz. A wann een do d'Honorairé vun de Spidolsmede-ziner mat aberechent, da maachen dat sécherlech iwwer 60%; mat steigender Tendenz.

D'Käschte fir de Spidolssecteur sinn zënter 1995 a bis 2002 - dat heescht an 8 Joer - all Joer të-schent 5 an 12% geklommen - mat steigender Tendenz an deene leschte Joren -, sou dass eng li-néaire Extrapolatioun vun de prévi-sionnelle Käschte fir déi nächst fennef Joer spéitstens 2005 oder 2007 eng jährelch Steigerung vun 13%, eventuell souguer 14%, wäert erreechen. An dat ass e Pourcen-tage, deen engem dach eigentlech misst ze denke ginn, wat eng mët-telfristeg Finanzéierbarkeet dovun-ner betrëfft.

Wat de Käschtepunkt vun eise-m Spidolswiesen betrëfft, hat d'UCM zum Beispill och schonn 1999 in-teressant Tabellen an Zuele virge-luecht. Aus dësen Tabellen ass deemools schonn ervirgaangen, dass am internationale Vergläich eis Dépense fir de Spidolssecteur ganz héich wäeren an dass mer do un der Spëtzt géife leien, virun Eis-träich, der Schwäiz, Frankräich an esou virun. A wann een esou Zue-len a Wuesstumszuele vun den Dé-pense liest, da misst een an eisen Aen dach awer e weénege nodeken a versichen, méiglechst rationell an der Spidolsplanung virzegoen an all betribsegoistesche lwweréquie-menter nom Self-service-Prinzip ze vermeiden.

Well wann dëse Käschtepunkt, wann déi Dépense weider esou staark klammen, wat ze erwaarden ass, a wann et ëmgekéiert net schnell erëm zu dauerhaften Héichkonjunkturzäite kënnt, da ris-kéiere mer, no den nächste Wahlen, an deene kommende Jore ganz eescht Finanzéierungspro-blemer ze kréien. Jo also zu engem modern a sozial orientéierte Spi-dolssystem. Neen zu jidder Austé-ritéitsbestriewung, grad och op dë-sem Gebitt vun der öffentlecher Gesondheet.

Wat mir awer verlaangen, dat ass méi eng seriö Planung insgesamt, dat ass d'Vermeidung vu Feelpla-nung an lwweréquipementer an deenen eenzelne Spidolsregiou-nen, dat ass en Zréckkommen op Wäerter wéi Komplementaritéit a Synergien, statt en Denke just a Kategorië vu Prestige a Konkur-renz.

An et ass also dofir, Dir Dammen an Dir Hären, aus all dëse Grënn, a well mer och keen Emdenken hei kënne feststellen, a och well mer bei dësem Projet erëm eng Kéier e Gesamtpackage vun Dépasse-menter vun dräi verschiddene Spi-deeler an engem Projet de loi zum Vote hei virleien hunn, dass mer dës Kéier net méi esou einfach be-reet si fir esou e Gesamtpackage an dësem Kontext, ënnert dëse Konditiounen, hei nach eng Kéier ofzeseenen. Dofir, sou wichteg na-

tierlech wéi d'Spidolinfrastruktu-ren och sinn, gesi mir eis awer ge-zwongen, eis hei bei deem Vote ze enthalten.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Minister Carlo Wagner agedroen. Den Här Wag-ner huet d'Wuert.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité so-ciale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir fir d'aller-éischt emol dem Rapporteur, dem honorabelen Här Schroell, ze félici-téiere fir deen excellente mënd-lechen a schréftleche Rapport.

Mir haten haut dräi Projeten an deem zweete Finanzéierungsge-setz zur Debatt. Ech mengen et war e relativ grouse Konsensus wat d'Spivol vun Ettelbréck ube-laangt, an och wat dat vum Kierch-biereg ubelaangt, dat d'autant plus, dass mer jo do sou ze soe virun e Fait accompli gestallt gi sinn. Éier ech awer op dee méi kritesche Punkt kommen, dat heescht de Re-hazenter, erlaabt mer vläicht e puer allgemeng Remarken ze maachen, zu deene Froen déi gestallt gi sinn.

Wat d'Zukunft ubelaangt vum Fong fir d'Infrastructures hospitalières, Här Di Bartolomeo, do kann ech net mat Ärer Analys averstane sinn. Wann ech kucken, wéi effective-ment d'Technique financière ass, fir déi dote Fongen opzestellen, do gi fir all Joer, projezéiert op d'Zukunft, déi Projeten dra gesat, déi zu deem Moment um Komme sinn, an déi also duerch d'CPH, respective-ment duerch d'Parlament gaange sinn. Duerno si Joer fir Joer, an der lescht mengen ech waren, wann ech de Chiffer richtig am Kapp hunn, 37 Milliounen Euro pro Joer opgespeist ginn. Och déi Politik wäert an Zukunft weider goen, esou zwar dass do scho wäert fir déi néideg Fonge fir d'Zukunft ge-suert sinn.

Et ass en zweete Punkt ugeschnid-de ginn, dat ass dee vun der Re-duktioun vun de Better. Ech muss soen, ënnert deem heite Minister si vun 1999 un absolut keng Better ofgebaut ginn. Wa Better ofgebaut gi sinn, da war dat ënnert de Sozia-liste virun 1999. Den honorabelen Här Bettendorf huet dat scho ge-sot. Wuel hu mer en Objektiv fir op fennef Better pro dausend Leit ze kommen, mä dat war ëmmer conditionnel. Mir hunn deem d'Konditiounen virausgesat, notam-ment dass d'Actes ambulatoires zu Lëtzebuerg sech géifen nach méi heefen, zweetens awer och dass munch eeler Leit, déi keng Plaz an de Fleegeheimer fonnt hunn, aus de Spideeler missten erauskom-men, fir an déi passend Strukturen, soit Maisons de soins ze kommen. Esoulaang dat net de Fall wär, hu mer gesot, wäert mir flexibel, géife mer keng Better ofbauen. Dat zielt esouwuell fir d'Spideeler wéi och fir den CHNP, fir sämtlech Spideeler also.

D'Autorisatioun vun de Servicer ass och ugeschwat ginn, a wéi ech ka soen, trei dem Gesetz vum Ok-tober, si sämtlech Servicer renou-velléiert ginn, déi bestehend Servi-cer an den Hôpitaux généraux. Wat d'Services spécialisés ugeet, déi ugefrot gi sinn, hu mer gesot, mir géifen do fir d'éischt wëllen den Avis kréie vun der Commission per-manente des Hôpitaux, a mir wäer-ten also déi Avisen ofwaarden, an der Suerg haaptsächlech, fir dass mer net méi esou eng Multiplika-tioun vun deene Servicer kréien, an ech mengen domadder hätt ech och op eng Saach vum Här Huss geäntwert.

Wat awer de Rehazenter elo u sech ubelaangt, esou ass vill hei ge-schwat gi vum Coût, et ass ge-schwat gi vun der Form wéi et ge-schitt ass, et ass geschwat gi vum Choix du site. Also, ech muss soen, wat de Choix du site ube-

laangt, do waren absolut keng Considérations politiques hannen-drun. Et ware just medezinesch Considérations, déi dat Ganzt guidéiert hunn, a sämtlech Spezia-liste soen lech, dass esou Infra-strukturen no bei Spideeler gehéie-ren, dass se och sollen an den Zentrum vum Land kommen, wës-send dass mer ganz vill ambula-toire Behandlungen hunn an dass et also muss e Centre sinn, deen accessibel ass fir all Mënsch.

Erlaabt mer vläicht an deem Ze-summenhank de President vum Conseil scientifique vun der Reha a.s.b.l. ze zitéieren. Dee seet de 25. Juni 2002: „En préambule le conseil scientifique s'est félicité de constater l'adhésion des politiques à l'idée d'intégrer le Centre national au coeur de la cité, affirmant par là l'importance d'une intégration sociale et citoyenne de per-sonnes présentant un handicap.“ Déi Leit, déi also net fir d'Implanta-tioun vum Rehazenter hei am Zen-trum sinn, schéngen mer déi Consi-dératioun vun Intégration sociale a citoyenne net ze hunn.

Ech muss och soen: Wat de Präis ubelaangt, hu mir selbstverständ-lech och kontrolléiert. De Prix uni-taire fir de Bâtiment eleng ass bei deem heite Projet bei 347 Euro de m². Dee vum Parking bei 150 Euro de m², wat am Schnëtt 329 m² mécht. Domadder leie mer ganz genau am Schnëtt vun deem wat am Ausland de Fall ass, wann ech beispillsweis Däitschland huelen, an ech vergläichen déi 347 Euro nëmme fir de Bâtiment, mat dem Prix unitaire moyen an Däitschland, do läit de Standardmëttel bei 364. Mir sinn also ganz licht drënner, an ech froe mech ënnert deene Consi-dératiounen, wéi ee kënnt vill méi bëleg bauen, wann ee wëllt eppes Seriöses bauen, an deene Leit mat Handicap presentéieren, déi Moy-enen zur Verfügung ze stellen, déi se effectivement verdéngen.

Mir hunn och en Avis ugefrot beim Fonds d'urbanisation et d'aména-gement du Plateau de Kirchberg. Dee stellt beispillsweis fest, dass déi Differenz am Präis éischstens emol géif kommen, an ech zitéie-ren, duerch „l'augmentation de la surface et du volume, avec une meilleure intégration des services, et une augmentation du confort chambre plus grande“. D'Zëmme-re gi vun 32 m² op 39 m² erop. Awer och d'„corridors plus larges“, fir d'Leit kënnen besser an de Stiller-cher ze transportéieren an esou vi-run.

Weider gëtt en als Grond un déi dräi Appartements thérapeutiques, déi am Projet virdrun net dra wa-ren, an da besonnesch och d'Aug-mentatioun vun de Surfaces tech-niques, dat heescht, d'Production de froid, Trafo, Sprinkeler an esou virun, Équipementer, déi am Projet vun Diddeleng net virgesi waren.

Den Här Kieffer, deen dee Brëif ën-nerschriwwen huet, kënnt dann och op e Prix net bâtiment équipé mat Parking vun 329 Euro. E seet nees eng Kéier, dass mer do effec-tivement ganz gutt leie vis-à-vis vum Ausland an e fret sech finale-ment, an dat ass seng lescht Re-marque: „Il y a donc lieu de se de-mander si le prix du projet Dude-lange n'était pas en quelque sorte sous-estimé.“

Effectivement muss ee sech d'Fro stellen, mat deem Präis wat Diddel-eng kascht hätt, wéi een do hätt kënnen eppes Raisonnable, wat dem korrekte Standard entsprach hätt, réaliséieren.

Ech wëll awer och nach eng aner Zitatioun bréngen. Dat ass déi vun der Rehazenter a.s.b.l. selwer, wou mer jo wëssen, dass de President e gewëssenen Här Rech ass, dat heescht de Virgänger als Buerger-meeschter vum Här Di Bartolomeo zu Diddeleng. Och dee koom zu ganz flotten Erkenntnisser, an ech zitéieren: „De manière générale“, seet den Här Rech, also als Presi-dent vun der Reha a.s.b.l., „le pro-jet tel qu'il vous a été présenté as-sure une fonctionnalité, un équipe-

ment spécifique nécessaire à une qualité de prise en charge adéquate des patients dignes d'un centre national de rééducation, établissement hospitalier spécialisé." An e seet weider: „Le projet du Kirchberg a bien sûr profité des nouvelles expériences et évolutions médicales et techniques depuis 1997, année de planification du projet de Dudelange. Nos récentes visites nous ont permis d'intégrer de nombreuses améliorations et d'éviter des erreurs commises." Dee Projet Diddeleng schéngt also net deementspriechend gutt gewiescht ze sinn. Ech zitéiere weider: „Nous pensons que c'est une erreur de vouloir comparer le prix du projet actuel au Kirchberg, qui sera opérationnel en 2007, à celui d'un projet de 1997..."", an elo kënnt de springende Punkt, „...ceci d'autant plus que pour Dudelange, la procédure choisie avait été le Design and Built, dans le cadre d'un marché négocié avec de nombreuses options encore en suspens, que les négociations n'avaient pas encore abouti et qu'aucun prix définitif n'avait encore fait l'objet d'un contrat signé."

M. le Président.- Den Här Weiler wëllt eng Fro stellen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Kann den Här Minister eis soe wien en do zitéiert? Ech hat dat virdrun net matkritt.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Den Här Rech, de President vun der Reha a.s.b.l., Virgänger vum Här Di Bartolomeo an der Gemeng Diddeleng.

Ech bréngen hei Zitatiounen. Ech wëll verhënnern, datt ee mir reprochéiert, ech wier net objektiv, déi Saache géife vu mir kommen. Mä dat hei ass vun eminent unerkannte Spezialisten, déi dat dote schreiwen.

(Interruptions diverses)

An anere Wierder: Éischtens, dee Marché négocié, dat weess an der Tëschenzäit mengen ech jiddferen heibannen, hu mer missen opginn, well...

Une voix.- Dir hutt awer en neie gemaach!

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- ...well d'Prozedur als illegal erkläert ginn ass, an et ass kee Marché négocié méi duerno komm. Mä mir, Här Di Bartolomeo, hunn eis un d'Prozedure gehalen, dat heescht och, an anere Wierder, mat deem Marché négocié hätt Der net kënnen direkt ufänken ze bauen, entgéint deem wat Dir geduecht oder gehofft hat.

Et gëtt awer och nach eng aner Ursaach, firwat dass net hätt kënnen mat deem Projet Diddeleng ugefaange ginn, an dat huet den Här Weiler ganz, ganz richtig bemierkt, schonn d'éinescht: Well d'Base léegale net virlouch. An déi Base léegale, déi läit beim Plan hospitalier. Or, am Plan hospitalier vun 1994 - an ech zitéieren am Zesammenhang mam Contenu vun dem Hôpital de la Ville de Dudelange: „Aussi cet hôpital hébergera le service national de rééducation et de réadaptation fonctionnelle comportant une capacité de 60 lits." Et war also zousätzlech och nach vergiess gi fir de Plan hospitalier ze änneren an am Plan hospitalier de Reha zenter am Frankelach virzege sinn.

(Interruptions diverses)

Et kéint een elo soen, esou e Reglement wär schnell chängéiert, mä ech wëll drun erënneren, dass d'Sozialisten an deene fënnef Joer virdrun et net fäerdeg bruecht hunn, dee Reglement ze änneren, an zwar esou dass dat och wahrencheinlech duerno eng laang Zäit geholl hätt. An et ass bestëmmt net duerch dës Regierung, wou dee Projet hei an d'Längt gezu ginn ass.

Ech hunn lech virdru Citatioune bruecht wou gesot gëtt: Effectivement, dee Projet ass besser wéi dee vu virdrun. A wann ech gehofft hunn, Här Di Bartolomeo, dass een de Projet vun Diddeleng kéint tel quel iwwerhuelen um Kierchbiere, dann hunn ech lech elo erkläert, duerch déi Prozedur, déi Dir gesicht hat, war dat net méiglech. A vu dass mer an eng korrekt an an eng legal Prozedur gaange sinn, hu mer eis gesot: Wa schonn, da bréinge mer och déi nei Erkenntnisser an deem doten Domän an de Projet eran.

Ech wëll also soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grad wéi gëschter beim Projet iwwert de Labo huet déi heite Regierung a véier Joer nees eng Kéier méi realiséiert wéi déi viregt Regierung ënnert de Sozialisten an Zäit vu 15 Joer. Et ass net där heiter Regierung hir Schold, wann d'Leit, d'Patienten hu missen e bësselche méi laang waarden, véier Joer géint 15 Joer, woubäi mir - an dat wëll ech awer och nach soen - entre-temps schonn eng Konstruktioun, eng zousätzlech Konstruktioun zu Hamm bäigesat hunn, fir de Leit kënnen e bessere Service ze ginn, dat en attendant dass de Projet Reha realiséiert ass.

An allem, wann ech de Résumé maachen, Dir Dammen an Dir Hären, ech menge jiddferen heibannen ass frou, dass dee Projet hei endlech en Aboutissement fonnt huet, un alleréischter Stell selbstverständlech d'Patienten.

Et gëtt gesot, e wär méi deier. Ech hunn lech déi Ursaachen erkläert, firwat dass e méi deier ass. Op alle Fall, wann ech de Choix hunn tëschent op där enger Säit d'Patienten op e polluéierten Terrain ze setzen, zu engem Couët, deen net ze verantworten ass, deen entweder herno doudsécher net agehale gëtt, oder wou op eemol en cours de construction de Promoteur ophält mat bauen, oder ech huelen e Projet, dee méi deier ass, deen effectivement sämtlechen Aspiratioune vun de Patienten entsprécht, da muss ech soen: Ech si fest iwerzeegt, déi heite Regierung huet sech fir déi richtig Optioun decidéiert.

Ech soen lech merci fir d'No-lauchteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5212 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5212.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Marc Zanussi), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

2. Désignation d'un médiateur

Da kéime mer elo zum nächste Punkt. Esou wéi d'Artikelen 131.1 bis 4 vum Chamberreglement et festhalen, ass d'Chamber dozou opgeruff, haut de Moien e Médiateur ze bezeechnen. D'Lëscht vun de Kandidaten ass un d'Deputéiert verdeelt ginn. D'Désignatioun vum Médiateur...

(Interruptions diverses)

Ass se net verdeelt ginn?

(Négation)

Also, déi gëtt dann elo verdeelt. Dir hat jiddferen e Brëif mat de Kandidaten heemgeschéckt kritt. Abée, d'Désignatioun vum Médiateur erfollegt duerch eng Majoritéit vun deenen Deputéierten, déi present sinn. D'Wahl ass geheim an et dierf net par procuration ofgestëmmt ginn. Soll kee Kandidat déi erforderlech Majoritéit kréien, kënnt et zum Ballottage tëschent deenen zwee Kandidaten, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmmen kritt hunn. Dir sidd also gebieden, lech fir eng Kandidatur um Stëmmziedel ze entscheiden, deen amgang ass verdeelt ze ginn.

Huet jiddferee gestëmmt?

D'Stëmmziedele gi par appel nominal agesammelt. Ech huelen un, dass jiddferee gestëmmt huet.

Appel nominal

D'Madame Arendt, den Här Asselborn, den Här Bausch, d'Madame Beissel, den Här Belling, den Här Bettel, den Här Bettendorf, den Här Bodry, den Här Calmes, den Här Clement, den Här Colombero, d'Madame Delvaux, den Här Di Bartolomeo, d'Madame Durdu, d'Madame Err...

(Interruption)

...den Här Fayot...

(Interruption)

Wat gelift? Also een, deen net hei am Sall ass, kann net ofstëmmen. Et kann och net eenerausgoen an da soll en aneren ofstëmmen.

(Interruption)

Dann ass d'Affär gekläert.

Den Här Fayot, d'Madame Frank, den Här Gibéryen, den Här Gira, den Här Glesener, den Här Graas, den Här Greisen, den Här Halsdorf, den Här Haupt, den Här Helming, den Här Henckes, den Här Huss, den Här Jaerling, den Här Klein, den Här Koepp, den Här Krieps, den Här Krieps, den Här Lux, den Här Mehlen, den Här Meisch, den Här Meyers, den Här Mosar, d'Madame Mutsch, d'Madame Nagel, d'Madame Nicklaus, d'Madame Reuter, den Här Rippinger, den Här Santer, den Här Sauber, den Här Schank,

den Här Scheuer, den Här Schroell, den Här Schummer, den Här Spautz, d'Madame Stein, den Här Stendebach, den Här Strotz, den Här Sunnen, den Här Urbany, d'Madame Wagener, den Här Weiler, den Här Wiseler, den Här Wohlfart an den Här Zanussi.

D'Sitzung ass ee Moment ënnerbrach fir d'Ziedelen auszewäerten.

(Interruption de la séance publique à 11.57 heures)

* * *

(Reprise de la séance publique à 12.02 heures)

De Vote ass ofgeschloss an huet folgend Resultat erginn.

Et ware 56 Stëmmziedelen an den Urnen an d'Stëmmen verdeele sech folgendermoossen: den Här Fischbach 32 Stëmmen, den Här Feyer-eisen 1 Stëmm, d'Madame Err 11 Stëmmen, den Här Schonckert 11 Stëmmen an den Här May och 1 Stëmm.

D'absolut Majoritéit bei 56 Stëmmen ass also mat 32 Stëmmen fir de Kandidat Fischbach erreecht, sou dass den Här Fischbach also gewielt ass. Da wier domadder déi Wahl ofgeschloss.

3. Demandes en naturalisation

Da kéime mer eriwuer zum nächste Punkt, dat sinn d'Demandes en naturalisation, déi mer och nach de Mueren hei solle virhuelen. Dofir muss ech awer de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgesprach.

* * *

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 85 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl a sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat dräi Ännerunge vun Nimm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 18 décembre 2003

1. ABDIU Spreza, née le 9 août 1962 à Debar (Macédoine), demeurant à Luxembourg
2. AFFARI Rachida, née en 1955 à Marrakech (Maroc), demeurant à Luxembourg
3. ALLAMI Bardia, né le 17 juillet 1977 à Téhéran (Iran), demeurant à Steinsel
4. ALLAMI Behrang, né le 24 mai 1973 à Téhéran (Iran), demeurant à Steinsel
5. AMALOU Pierre, né le 14 octobre 1967 à Thionville (France), demeurant à Bascharage
6. ATANASSOV Rossen, né le 25 février 1981 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Luxembourg
7. AU Pak Yum, né le 3 mai 1951 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg
8. BALKAN Ajka, née le 9 décembre 1969 à Tutin (Yougoslavie), demeurant à Ermsdorf
9. BAUTISTA MARTE Esther Ivelisse, née le 28 février 1967 à Santo Domingo (République Dominicaine), demeurant à Luxembourg
10. BESLIJA Armin, né le 17 janvier 1963 à Gorazde (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Wasserbillig
11. BOK Gabriele Petra Silvia, née le 30 décembre 1959 à Altena (Allemagne), demeurant à Nocher
12. BOLAND Marc Jean Anne-Marie, né le 1er août 1963 à Ougrée (Belgique), demeurant à Sandweiler

13. BUNK Marcus, né le 19 novembre 1968 à Peine (Allemagne), demeurant à Echternach

14. CABUS Jacqueline, née le 7 février 1962 à Cebu City (Philippines), demeurant à Oetrange

15. CASTELLANO Leonardo, né le 25 septembre 1965 à Casamassima (Italie), demeurant à Sandweiler

16. CHAN Siu Hing Jackaline, née le 18 septembre 1956 à Hong Kong (Chine), demeurant à Pé-tange

17. DE CAE Jacques Gustave Philippe, né le 20 juillet 1952 à Ixelles (Belgique), demeurant à Hostert/Rambrouch

18. DELIGNY Sabine, née le 18 septembre 1975 à Luxembourg, demeurant à Luxembourg

19. DEPASSE Nathalie, née le 1^{er} juillet 1980 à Saarlouis (Allemagne), demeurant à Hesperange

20. DE SOUSA PINTO LOUREIRO Ana Maria, née le 15 juillet 1967 à Massarelos/Porto (Portugal), demeurant à Luxembourg

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de PINTO Anna.

21. DI SAVINO Anna, née le 19 février 1965 à Luxembourg, demeurant à Luxembourg

22. ERNENS Marcel Jacques Hubert Ghislain, né le 25 juillet 1950 à Fouron-Saint-Martin (Belgique), demeurant à Munsbach

23. FLOR Maria da Penha, née le 8 septembre 1976 à Santo Crucifixo/Ribeira Grande (Cap-Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette

24. FONSECA Adelina Antonia, née le 7 août 1970 à Santo Antao (Cap-Vert), demeurant à Diekirch

25. FRKATOVIC Ramo, né le 14 octobre 1975 à Rujnica (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Alzingen

26. GAILLIEZ Monique Astrid Brigitte, née le 29 août 1964 à Binche (Belgique), demeurant à Bereldange

27. GEMSLEBEN Anja, née le 24 septembre 1981 à Hennigsdorf (Allemagne), demeurant à Hamiville

28. GEMSLEBEN Katharina, née le 2 avril 1979 à Berlin (Allemagne), demeurant à Derenbach

29. GOLANOVA Tatiana, née le 12 mars 1966 à Liptovsky Mikulas (Slovaquie), demeurant à Wiltz

30. GOMES SILVA DUARTE Anilda, née le 6 mai 1979 à Santo Antonio das Pombas (Cap-Vert), demeurant à Heisdorf

31. HAMEL Virginie Brigitte, née le 24 avril 1980 à Dieppe (France), demeurant à Diekirch

32. HAUG Sibylle, née le 23 avril 1968 à Stuttgart (Allemagne), demeurant à Moutfort

33. HORMOZIRAD Ramtin, né le 5 septembre 1983 à Téhéran (Iran), demeurant à Helmsange

34. IPATOVA Natalia, née le 27 juillet 1956 à Novo-Ilyinsk (Russie), demeurant à Esch-sur-Alzette

35. JABONITA Maryanne, née le 2 août 1965 à Carigara/Leyte (Philippines), demeurant à Nospelt

36. JUSUFI Fekri, né le 10 août 1967 à Kaliste-Gostivar (Macédoine), demeurant à Echternach

37. KALLFASS Julia Maria, née le 24 octobre 1980 à Pforzheim (Allemagne), demeurant à Muenschenacker

38. KHALILI ARAGHI Seyed Khalil, né le 19 mars 1918 à Téhéran (Iran), demeurant à Gonderange

39. KRNDIC Emina, née le 16 février 1983 à Tuzla (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg

40. KUCHUK Elina, née le 2 juillet 1972 à Minsk (Biélorus), demeurant à Luxembourg

41. KÜHNE Magnus, né le 22 octobre 1969 à Frankfurt am Main (Allemagne), demeurant à Bridel